
PROJET PLAN D'ÉTUDES 2025



# KONSULTATIOUNSPHAS

Bildungsberäich

## COLAB-WORKSHOP 6
## 'D'Brécken tëschent der formaler an non-formaler Bildung'

19. an 24. Januar 2023 - EduPôle zu Walfer an online via Teams

**RAPPORT**

SCRIPT
Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

Curriculum
Division SCRIPT

## Impressum

© Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques
Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
Luxembourg

Auteur: SCRIPT – Division du développement du curriculum

Contact: **curriculum@script.lu**
**www.curriculum.lu** / **www.script.lu**

ISBN: 978-99959-1-499-8

Editioun Juni 2023

# Inhaltsverzeechnes

**1. Virwuert ... 4**

**2. Steckbréif vum CoLab-Workshop ... 5**

**3. Introduktioun an de CoLab-Workshop ... 9**

3.1. Thematesch Aleedung ... 9

3.2. CoLab am Présentiel ... 21

3.3. Online-CoLab ... 22

**4. Zesummefaassung vun den Diskussiounen ... 24**

4.1. Den aktuelle Kontext ... 25

4.1.1. Ënnerscheeder a Gemeinsamkeeten ... 25

4.1.2. Stolpersteng an Erausfuerderungen ... 30

4.1.3. Positiv Beispiller a Modeller ... 34

4.2. Visioun fir d'Zukunft ... 37

4.2.1. Léier- a Vernetzungsméiglechkeeten ... 37

4.2.2. Limitten an Trennungen ... 42

4.2.3. De Kader ... 44

4.3. Fazit ... 50

**5. Réckbléck, Ausbléck a Kontakt ... 52**

# 1. Virwuert

Dëse Rapport faasst d'Diskussiounen zesummen, déi am sechste CoLab-Workshop[1] vun de Participanten aus dem Bildungsberäich zum Theema 'D'Brécken tëschent der formaler an non-formaler Bildung' gefouert gi sinn. Op zwee Owender, dem 19. a 24. Januar 2023, hat d'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT d'Acteuren aus dem formalen an non-formalen Bildungsberäich invitéiert, fir um EduPôle zu Walfer an online via Teams am Kader vum Konsultatiounsprozess ronderëm en neie Plan d'études iwwer d'Kommunikatioun a Kollaboratioun tëschent deenen zwee Bildungsberäicher ze diskutéieren. Insgesamt 179 Participantë sinn dëser Invitatioun nokomm. An dësem Rapport ginn op den nächste Säite fir d'éischt d'Modalitéite vu béide CoLab-Workshops a Statistiken (Kapitel 2) virgestallt, d'thematesch Aleedung vu béiden Owender kënnt Dir a Kapitel 3 noliesen, ier et am véierte Kapitel dann ëm d'Diskussiounsinhalter vum CoLab-Workshop geet.

An all de CoLab-Workshops, déi am Kader vum Projet 'Plan d'études 2025' gehale gi sinn, sinn d'Diskussiounen net beim Theema 'Plan d'études' stoe bliwwen, well se ëmmer och d'Schoulorganisatioun a weider Aspekter ronderëm d'Schoul(halen) mat abegraff hunn. Fir dëse sechste CoLab-Workshop soll awer am Speziellen dorobber higewise ginn, dass d'Theemen, déi d'Diskussioune geleet hunn, méi wäit gegraff hunn an de Plan d'études net méi den Zentrum vun den Diskussiounen war. Dëse CoLab-Workshop gouf vun alle Participanten als wäertvollen Austauschmoment tëschent deenen zwee Bildungsberäicher wouergeholl a geet méi allgemeng op d'Defien a Wënsch vu béide Bildungsberäicher an, deenen et um Häerzen läit, d'Kanner beschtméiglech ënnerstëtzen ze kënnen.

Dëse Rapport an aner Rapporten, déi am Kontext vum Konsultatiounsprozess ronderëm een neie 'Plan d'études 2025' veréffentlecht ginn, stellen eng Basis duer, op där weiderféierend Diskussioune ronderëm den neie Plan d'études gefouert ginn. Wann Dir u generellen Informatiounen iwwert de gesamte Projet 'Plan d'études 2025' interesséiert sidd, kënnt Dir eisen Internetsite **www.curriculum.lu** konsultéieren.

Mir wënschen Iech eng gutt Lecture!
D'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT

Curriculum
Division SCRIPT

1 CoLab-Workshop ass ofgeleet vun 'collaborative laboratories'. Dëst si partizipativ Atelieren, déi vum SCRIPT ronderëm Ufroen, Virschléi a Projete mat Enseignanten, nationalen an internationalen Experten a Leit, déi vum Projet betraff sinn, duerchgeféiert ginn (**https://curriculum.lu/colab**).

# 2. Steckbréif vum CoLab-Workshop

### Wéini a Wou?

- 19. Januar 2023 am Presentiel um EduPôle zu Walfer.
- 24. Januar 2023 online iwwer Teams.

### Wéi vill?

- 50 Participanten am Presentiel (bei 50 Umeldungen).
- 129 Participanten online (bei 161 Umeldungen).

### Wien?

- Participanten:
  - Formale Beräich: Léierpersonal an edukatiivt a psychosoziaalt Personal aus der Grondschoul an de Kompetenzzentren, Enseignanten aus dem Secondaire a weider Acteuren (wéi IFEN, MENJE, Regionaldirektiounen etc.).
  - Non-formale Beräich: Edukatiivt Personal a Responsabeler aus der Schoul, de Maisonrelaisen, de Crèchen, de Foyers de jour, dem Jugendsecteur, Dageselteren a weider Acteuren (MENJE (SEA), Gemengevertrieder,...).
- Moderatioun: D'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT.

### Format?


Ee Mix aus Virtrag resp. enger Introduktioun an d'Theema vum SCRIPT an aktivem Schaffen vun de Participanten a méi klenge Gruppen. D'Introduktioun gouf op Lëtzebuergesch gehalen an opgrond vun de Profiller vun de Participanten gouf eng Traductioun op Franséisch ugebueden. D'Word-Dokument, wat am Kader vum Online-CoLab genotzt gouf, war zweesproocheg[2]:

- CoLab-Workshop am Presentiel mat 4 Atelieren:
  - Atelier A: Léierméiglechkeeten an der non-formaler Bildung a Vernetzunge mat der formaler Bildung.
  - Atelier B: De gemeinsamen an ënnerschiddlechen Bildungsoptrag.
  - Atelier C: Vu Kommunikatioun zur Kollaboratioun.
  - Atelier D: De la communication à la collaboration.
- CoLab-Workshop online iwwer Teams mat engem Word-Dokument:
  - D'Participanten hunn, agedeelt an 26 kleng Gruppen, mat engem Word-Dokument geschafft. All Grupp krut dat selwecht Word-Dokument mat de selwechte Froestellungen.[3]

2 Déi fënnef CoLab-Workshops virdru goufen just op Lëtzebuergesch ofgehalen. Well dës Kéier opgrond vum Theema och Personal aus private Strukturen (Crèchen, Assistants parentaux ...) konnt deelhuelen, gouf dëse CoLab-Workshop zweesproocheg ofgehalen.

## De Profil vun de Participanten


### Formale Bildungsberäich




**93 Participanten aus dem formale Bildungsberäich**

66 Participanten “Enseignement fondamental” (71 %)
20 Participanten “Enseignement secondaire” (22 %)
4 Participanten “Centres de compétences” (4 %)
2 Participanten “Ministère de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse” (2 %)
1 Participant “Autres” (1 %)

### Non-formale Bildungsberäich





**86 Participanten aus dem non-formale Bildungsberäich**

58 Participanten “SEA”[3] (Maison relais, Crèches, Foyers du jour [public]) (67 %)
10 Participanten “Crèches et foyers du jour privés” (12 %)
10 Participanten “Dageselteren” (12 %)
4 Participanten “Jugendhaiser” (5 %)
2 Participanten “Centre socio-thérapeutique” (2 %)

3 SEA(S): Service(s) d’éducation et d’accueil pour enfants.

### Gesamt (Formalen & non-formalen Bildungsberäich)

- 93 Participanten aus dem “formale Beräich” (53 %)
- 86 Participanten aus dem “non-formale Beräich” (47 %)




**Non-formal (47 %)**

58 Participanten “SEA”[4] (Maison relais, Crèches, Foyers du jour (public)) (32 %)
10 Participanten “Crèches et foyers du jour privés” (6 %)
10 Participanten “Dageselteren” (6 %)
4 Participanten “Jugendhaiser” (2 %)
2 Participanten “Centre socio-thérapeutique” (1 %)

**Formal (53 %)**

66 Participanten “Enseignement fondamental” (37 %)
20 Participanten “Enseignement secondaire” (11 %)
4 Participanten “Centres de compétences” (2 %)
2 Participanten “Ministère de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse” (1 %)
1 Participant “Autres” (1 %)


4 SEA(S): Service(s) d’éducation et d’accueil pour enfants.

## D'Motivatioun vun de Participanten

Am Ufank vum CoLab-Workshop goufen d'Participantë gefrot, firwat si bei dësem CoLab-Workshop matmaachen. Heifir gouf iwwer den Online-Portal Mentimeter (**www.mentimeter.com**) eng Ëmfro lancéiert. Folgend Motivatioune si genannt ginn:




*Mentimeter vum 19. Januar 2023 (CoLab-Workshop am Presentiel mat 50 Participanten)*




*Mentimeter vum 24. Januar 2023 (Online-CoLab-Workshop mat 129 Participanten)*

# 3. Introduktioun an de CoLab-Workshop

An dësem Kapitel kënnt Dir d'Introduktioun noliesen, déi vu Säite vum SCRIPT gemaach ginn ass, fir d'Theema 'D'Brécken tëschent der formaler an non-formaler Bildung' anzeleeden. Mam **Kapitel 4** fänkt dann duerno den Haaptdeel vun dësem Rapport u mat enger Zesummefaassung vun de Käraussoen, déi an den Ateliere vu béide Workshopen zum Theema 'D'Brécken tëschent der formaler an non-formaler Bildung' gemaach gi sinn.

## 3.1. Thematesch Aleedung

D'École fondamentale vun Elwéng an der Gemeng Schengen besichen dëst Schouljoer ronn 140 Schoulkanner. 95 dovu si fir de **Service d'éducation et d'accueil** (SEA) ageschriwwen. D'Maison relais ass an engem getrennte Gebäi um Site ënnerbruecht, den Haaptsëtz vum SEA ass zu Remerschen. De Kontakt tëscht Schoul a Maison relais ass gutt. Et huet sech eng alldeeglech onbeschwéiert Kooperatioun entwéckelt. D'Stéphanie Goldschmit, Präsidentin vun der Grondschoul, gëtt eis fir dëse CoLab een Androck vun den alldeeglechen Iwwergäng tëscht Schoul a Maison relais zu Elwéng:

> "Mir schwätzen all Dag mat den Éducateuren aus der Maison relais, wa si d'Kanner bei eis bréngen a siche kommen. A mir treffen eis reegelméisseg mat de Responsabelen, fir verschidden Theemen duerchzegoen, z. B. fir iwwer d'Verhale vun eenzelne Kanner ze schwätzen, wou mer da probéieren, sou wäit et geet, zesummenzeschaffen. Mir schwätzen och zesummen iwwert de PDS, wou momentan een Zil bei eis ass, e Schoulgaart zesummen opzebauen. Si wäerten do mat de Kanner dat weiderféieren, wat mir an der Schoul ugefaangen hunn. Och bei anere Projete vun der Schoul gi si ëmmer mat an d'Boot geholl, a mir si frou, wa si kënnen dobäi sinn. D'Educateuren ënnerstëtzen eis och beim Schwammunterrecht. Demno wat fir een d'Theema an der Plenière beschwat gëtt, huelen si deel. Si sinn och a verschiddenen Eltereversammlungen derbäi a besonnesch och am Ufank vum Schouljoer. Sou léieren d'Elteren déi jeeweileg Éducateure kennen, déi fir hir Kanner zoustänneg sinn. Mir hunn eis Reegele vun der Schoul mat dem SEA duerchgeschwat a mir sinn do enger Meenung. Mir hu gemeinsam Reegele fir de Gebrauch vun der Turnhall, well déi notze mir zesummen. D'Maison relais notzt och d'Schoulbibliothéik, de Bastelsall a kann op aner Säll vun der Schoul zréckgräifen. Si maachen Hausaufgabenhëllef a si schreiwen a ginn iwwer d'Bichelchen Elteren a Léierpersonal déi néideg Informatiounen, ob d'Kanner hir Aufgaben alleng konnte maachen oder ob se op Schwieregkeete gestouss sinn."

Dëse sechste CoLab zum Theema 'D'Brécken tëscht der formaler an non-formaler Bildung' ass dee leschte grousse CoLab mam versammelte Bildungsberäich am Kader vun eisem Konsultatiounsprozess ronderëm en neie Plan d'études 2025. Mir beweegen eis als Curriculumsdivisioun op dësem CoLab haut iwwert eist üblecht Beschäftegungsfeld, de Curriculum vum formalen Bildungsberäich, eraus, a kucke verstäerkt an d'non-formal Bildung eran. Domat betriede mir e grousst an net homogent Feld: Merci un dëser Plaz och vu menger Säit, dass esou vill Aarbechtspartner aus der non-formaler Bildung haut zesumme mam formale Beräich iwwer en neie Plan d'études nodenken.

Ech wäert, wann ech vum Personal aus der non-formaler Bildung schwätzen, wäitestgehend de Begrëff vum 'Educateur' verwenden, well en am Alldagswuertschatz benotzt gëtt, och wann ech domat d'Realitéit vereinfachen, well d'Beruffsfeld versammelt verschidde Beruffer (z.B. och den Assistant parental) a Qualifikatiounen. Geneesou ass gewosst, dass de Begrëff 'Maison relais' nach an eisem Alldagswuertschatz verwuerzelt ass, awer de Begrëff vun der Bildungs- a Betreiungsstruktur, also enger **'Structure d'éducation et d'accueil (SEA)'**, eigentlech de korrekten Terme fir de Secteur ass.

Fir de CoLab hu mer eis mistse mat Bléck op méiglech Participanten an op d'Bandbreet vu méiglechen Diskussiounstheemen agrenzen: Mir wäerten eis op d'konventionéiert Services d'éducation et d'accueil fokusséieren an eis do op de Schoulkandberäich (d'Strukturen a Servicer fir Kanner vun 4 -12 Joer) konzentréieren. Mir wäerten zesummen mat lech déi gemeinsam an ënnerschiddlech Handlungsfelder vun der formaler an der non-formaler Bildung erausschaffen, iwwer non-formal an formal Léierzougäng schwätzen a kucken, wéi alldeeglech kontextuell Iwwergäng fir d'Grondschoulkanner oflafen, tëscht formalem, non-formalem an informelle Bildungskontexter.

Virausschécken wëll ech folgend Begrëffsklärung:

- Ënner **formaler Bildung** versti mer d'Bildung, déi duerch de klassesche Schoul- an Ausbildungssystem geleescht gëtt, e System, deen hierarchesch strukturéiert ass an an openee folgend Bildungsstufen organiséiert ass, ugefaange beim Enseignement fondamental, iwwer den Enseignement secondaire bis zum Enseignement Supérieur.
- **Informell Bildung** ass dee Prozess, duerch deen all Eenzelnen Astellungen, Wäerter, Fäegkeeten a Wëssen duerch seng Erfarungen am Alldag ausbilt, z.B. an der Famill, bei Frënn, Peer groups, iwwer Mediennotzung an duerch aner bildend Aflëss a Facteuren aus dem Ëmfeld.
- An d'**non-formal Bildung** ëmfaasst all Form vun organiséierter Bildung, déi Angebotscharakter huet an ausserhalb vum formale Bildungssystem fir een definéierten Zilpublic organiséiert gëtt a spezifesch edukativ Ziler verfollegt. D'edukativ Ziler, Methoden an Inhalter ginn – am Ënnerscheed zur formaler Bildung – an engem héije Moos vun den Usageren, an eisem Fall: de Kanner, matbestëmmt. Am Vierdergrond sti Spill, Spaass an Entspanung, souwéi de Fräiraum fir eegen Interessen.

*(Definitioun Unesco (1998) wéi se och e. a. am Rahmeplang benotzt gëtt: 19f.)*

## Léiere fënnt op ville Plaze statt

Am politeschen a gesellschaftleche Bewosstsäin huet sech e Konsens doriwwer etabléiert, dass Léieren op ville Plaze stattfënnt. All Moment ka bildend ginn an zur Entwécklung vu kognitiven, sozial-emotionalen a physesche Kompetenze bäidroen. Wann ee bemierkt, dass schwätzungsweis 60 bis 70 % vun de mënschleche Léierprozesser am Alldag ausserhalb vun engem formale Bildungsëmfeld stattfannen, dann ass den Afloss vun ausserschoulesche Bildungsofferen an dem ausserschoulesche Léierëmfeld (doheem, Fräizäit, Méiglechkeeten vun Zougrëff op musikalesch, kulturell a sportlech Aktivitéiten) op d'Ausbildung vum Kand an op seng Kompetenzen a seng Perspektiven héich (vgl. Bildungsministerium für Bildung und Forschung 2022). Dës Bedeitung vum ausserschoulesche Léierëmfeld, dat scho vu vireran bei engem Kand een Impakt dorobber huet, wéi seng Bildungschancen wäerte sinn, huet och d'Bildungspolitik zu Lëtzebuerg erkannt, zumools well am lëtzebuergesche Schoulsystem eng staark Korrelatioun tëscht de Bildungsresultater an dem sozialen a sproochlechen Hannergrond vum Kand nogewisen ass, an dat scho ganz fréi an der Schoullafbunn.

Sou heescht et am Bericht vum **Observatoire de la qualité scolaire vun 2022**:

> « Les inégalités scolaires sur fond de caractéristiques socio-économiques et socio-culturelles sont présentes dans tous les systèmes scolaires et représentent un défi permanent (…). Le Luxembourg, par son développement économique et socio-démographique, par sa situation linguistique et ses caractéristiques sociologiques, peut certainement se prévaloir d'une situation particulièrement exposée. Toutefois, dans une perspective d'égalité des chances et d'équité sociale, il y a lieu de constater une situation globalement insatisfaisante en raison du fort ancrage, voire du creusement des inégalités scolaires. » (ONQS 2022 : 153).

D'non-formal Bildung soll als organiséiert Offer op där enger Säit eng besser Vereenbarkeet vu Famill a Beruff erméiglechen, ma op där anerer Säit och fir méi Bildungsgerechtegkeet suergen, zum Beispill fréi sproochlech Ressourcen zousätzlech zum Bäitrag, deen d'Famill leescht, mat opbaue beim Kand a konstant mam Kand u senge Schlësselkompetenze schaffen.

Déi ausserschoulesch Betreiungs- a Bildungsberäicher, wou Potential konstatéiert gouf fir Bildungsinegalitéiten opzehiewen (Betreiungsinfrastrukturen, awer och de Loisirsberäich), goufe bildungssystemesch alt méi erschloss. Zanterhier ass virun allem um Zougang zu dëse Beräicher geschafft ginn: mam Schafe vum Précoce 1998, der Kreatioun vun de Maison-relaisen 2005 a vun 2009 u mat der Aféierung vum **Chèque-Service Accueil (CSA)**. An et ass versicht ginn, d'Qualitéit ze assuréieren, e. a. mat der Aféierung vun engem Rahmeplang fir d'non-formal Bildung an dem Monitoring am Secteur.

37.868 Schoulkanner tëscht 4 an 12 Joer besichen dëst Schouljoer d'konventionéiert Bildungs- a Betreiungsstrukturen (Maison relaisen, Foyers scolaires oder Dageselteren) (SEA 2022). Fir d'Rentrée

2022/23 sinn an den ëffentleche Schoulen 49.426 Kanner an de Zyklen 1 bis 4 (hors Précoce) ageschriwwen. Déi europäesch an international Programmer sinn an dëser Zuel abegraff (Division du traitement de données sur la qualité de l'encadrement et de l'offre scolaire et éducative, SCRIPT 2023). Dat si ronn 77 % vun der gesamter Schülerpopulatioun tëscht 4 an 12 Joer, fir déi d'Servicer vum SEA zäiteweis Deel vun hirem Alldag sinn. Dat sinn der vill. Dat bedeit aus curricularer Siicht, dass d'non-formal Bildungs- a Betreiungsservicer e ganz zentrale Léier- a Liewensraum fir vill Kanner sinn. Déi dräi Bildungsberäicher gräifen haut méi wéi jee aneneen: Wat mir doheem léieren, am Veräin, am Foyer, an der Maison relais oder bei den Dageselteren, hëlleft eis och fir an der Schoul weiderzekommen (vgl. enfancejeunesse 2021: 3). D'Léiere strikt no Erwerbskontext ze trennen, ass schwiereg ginn, och well d'Distribution vun de klasseschen Aufgabefelder verschwëmmt, d.h. wat d'Vermëttlungsaufgab vun der Schoul ass, wat d'Aufgab vun den Eltere soll sinn a wat ausserhalb vun dësem Erwerbskontext fale kann a fält. An doriwwer gëtt och an der Gesellschaft kritesch diskutéiert. Fir de non-formale Secteur an d'Schoul si vill Aufgabefelder bäikomm.

D'non-formal Bildung huet als solch am Verglach zur Institutioun ‚Schoul' awer e ganz jonken Historique. Den non-formale Beräich huet sech am Ufank net mat engem direkten edukative But entwéckelt. D'Erkenntnis an d'Unerkennung dovunner, dass de Secteur och ee Bildungsoptrag ausféiert, war net direkt do.

## E Bléck an d'Geschicht mat den zentralen Eckdaten

Wéi uganks den 1980er Joren déi éischt konventionéiert Foyers du jour zu Lëtzebuerg entstane sinn, waren dës virun allem geduecht, fir monoparental Stied an/oder sozial schwaach Famille bei der Betreiung vun hire Kanner ze ënnerstëtzen (vgl. Achten 2012: 50). Sozial Krittäre waren ausschlaggebend fir d'Opnam vun de Kanner an dëse staatlech subventionéierte Kannerdagesariichtungen. Nieft dëse geförderten ASBLen hunn Dagesmammen an e puer wéineg gewerblech Crèchen en iwwerschaubare Secteur ausgemaach (vgl. ebd.). Mam Gesetz vum 8. September 1998 kënnt eng éischt gesetzlech Grondlag, déi d'Relatiounen tëscht dem Staat an de Betreiungsstrukturen reegelt.

Bis Enn den 1990er Joren sinn et haaptsächlech sozial Krittären, déi entscheedend sinn, fir eng Betreiungsplaz fir d'Kand zougesprach ze kréien. Duerno ännert sech de Bléck op d'Bedeitung vun der Vereenbarkeet vu Beruff a Famill, well se gëtt bewosst relevant fir d'Entwécklung vun der nationaler Ekonomie. Mat der Sozial- a Wirtschaftspolitik vun der EU an der Lissabon-Strategie réckelen domat verbonne Gläichberechtegungs- a Beschäftegungsziler (60 % Fraenerwerbsquot) an de politeschen Interessefokus zu Lëtzebuerg (vgl. ebd.: 50). 1998 gouf de Précoce geschaf. Zanter 2009 hunn all 3-5-järeg Kanner een Usproch op eng Plaz an der Éducation précoce, déi domat vun enger Férdermoossnam fir benodeelegt Kanner zu enger Reegelariichtung gëtt (vgl. Honig 2015: 8). Stand haut besiche knapp 70 % vun alle Kanner am Alter vun 3 Joer d'fakultativ Fréierzéiung vun der Grondschoul.

Den Op- an Ausbau vu Betreiungsstrukture gouf no 2000 massiv vun der Regierung ënnerstëtzt (vgl. Achten 2012: 50).

2005 gouf de Règlement grand-ducal fir d'Maison relaisen publizéiert (*Règlement grand-ducal du 20 juillet 2005 concernant l'agrément à accorder aux gestionnaires pour maisons relais pour enfants)*. D'Fundament fir d'Schafe vun engem op kommunaler Ebene ugesaten an domat flächendeckende Modell vu Kannerbetreiung gouf esou geluecht.

Vun 2004 bis 2014 klëmmt d'Offer u Betreiungsplazen ëm bal 700 % – vu 7.712 op 49.208 Plazen. De Secteur wiist rasant a Rekrutementsproblemer begleeden e bis haut. Et entwéckelt sech och en oniwwerschaubaren an net gereegelte Maart un Dagesmammen, deen 2007 duerch d'Gesetz iwwert d'assistance parentale geregelt gëtt an 2017 nei reglementéiert gëtt.

Mam Gesetz vum 4. Juli 2008 iwwer d'Jeunesse gëtt de Begrëff vun der ‚non-formaler Bildung' déi éischte Kéier am gesetzleche Kontext am Zesummenhang mat der Kannerbetreiung benotzt. Dorunner léist sech e Paradigmewiessel erkennen: Et gëtt vun ‚Éducation' a net méi just vun ‚Accueil' geschwat D'non-formal Bildung huet sech als solch also missen implementéieren – ofgeschloss ass dëse Prozess domat nach net.

D'Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwer d'Organisatioun vum Enseignement fondamental stellt dann d'Weichen, fir dass déi zwee Bildungsberäicher net méi just nieftenee koexistéieren, mee kooperéiere mussen – zumindest do, wou d'Gemengenhand mat agéiert. D'Gemenge gi verflicht, en Encadrement périscolaire fir schoulpflichteg Kanner unzebidden. Den Artikel 41 vum Gesetz vun 2009 beseet, dass de Responsabele vum Accueil socio-éducatif oder säin Délégué mindestens eemol am Trimester un de Reunioune vum Schoulkomité deelhëlt an all Kéiers, wann den Ordre du Jour seng Aarbecht betrëfft. Am Reglement vum PDS (Plan de développement de l'établissement scolaire) gouf iwwerdeems verankert, dass de Schoulcomité an den SEA sech concertéiere beim Ausschaffe vum **PDS**. Am PDS ass och d'Kollaboratioun mat der éducation non-formelle een Domän, op deen den Akzent ka geluecht ginn. Fir d'aktuell Lafzäit vum PDS (2021-2024) hu 46 Schoulen decidéiert, am Kader vum PDS un der Kooperatioun zur non-formaler Bildung wëllen ze schaffen.

D'Aféiere vum **Chèque-Service Accueil (CSA)** 2009 war en zentrale Bausteen, deen den Ausbau vun der Kannerbetreiungsoffer weider quantitativ a qualitativ an d'Luucht gedriwwen huet an – wouvun de breeden non-formale Beräich (also och de Loisirs-Beräich) profitéiert huet. Den CSA kann nämlech och genotzt ginn, fir Kanner musikalesch, kënschtleresch a sportlech Aktivitéiten ze erméiglechen. De But vum CSA ass et, ‚de mieux concilier vie privé et vie professionelle' an ‚de garantir à tous les enfants un encadrement de haute qualité'. **D'Qualitéitswahrung** gëtt also vun eloun ernimmt. Haut hu mer e Monitoring am ganze konventionéierten non-formale Beräich.

2017 gëtt d'Konzept vun der ‚Éducation plurilingue' agefouert; d'Bedeitung vun der non-formaler Bildung fir d'Sproochentwécklung vum Kand gëtt domat erschloss.

2012 kënnt e Reglement fir den Encadrement périscolaire. De **PEP** (Plan d'encadrement périscolaire) verflicht d'Gemengen, d'Grondschoulen an d'non-formal Bildungs- a Betreiungsstrukturen vu September 2013 un, e gemeinsame Plang opzestellen. D'Instrument soll fir Kontinuitéit a Kohärenz suergen a Form vun enger ganzheetlecher Bildungs-, Betreiungs- an Erzéiungsoffer. Se verflicht soumat d'Bildungspartner, sech zesummenzesetzen an e gemeinsamt Konzept ze erstellen, fir dat, wat um Gemengenareal do ass, zu Bildungsofferen ze verbannen a visibel ze man. Bis haut geet de PEP an der Ëmsetzung um Terrain ‚von' ‚bis'. D'Spannwäit an der Kooperatioun geet haut vun net sou vill Austausch, zu dagdeeglechem Informatiounsaustausch tëscht Enseignanten an dem edukativem Personal bei Iwwergangssituatiounen, iwwer d'Plangen an Duerchféiere vu gemeinsamen Aktivitéiten bis hin zu engem ganzheetleche Bildungsusaz an engem Gebäi. Mir wëllen haut mat Iech iwwer d'Kooperatioun tëscht formaler an non-formaler Bildung schwätzen. An och uschneiden, wéi dës ausserhalb vun de Maison relaisrelaisen ausgesäit: d'Kooperatioun vun der Schoul mam Foyer, mat den Dageselteren, mam non-konventionéierten Secteur? D'Kooperatioun mat Veräiner a mam Bildungspartner ‚Famill'?

De **PEP** huet sengerzäit och de Modell ‚Ganzdagsschoul' an d'Gespréich bruecht.

## E Stëmmungsbild aus der Jean-Jaurès Schoul zu Esch

Déi meescht Schoul-Equippen am Land, déi iwwer eng verstäerkten Zesummenaarbecht vu formaler an non-formaler Bildung nodenken, gi sech d'Jean-Jaurès Schoul op Esch als Modell ukucken. Hei schaffen Enseignantë ganz enk mat Educateuren zesummen. Si hunn dofir keng speziell Derogatiounen an och keen op d'Mooss geschneidert Reglement. Si funktionéieren als Ganzdagsschoul. Dëst wier fir hir Funktiounsweis kee Muss, ma géif awer dozou passen. An der Jean-Jaurès-Schoul gëtt et keng reell Trennung tëscht formaler an non-formaler Bildung. D'Léiere gëtt zesummen definéiert. All Méindesmoies ass eng gemeinsam Reunioun, wou all d'Enseignanten an d'Educateuren sech ofschwätzen: Wat wëlle si an der Woch maachen, a wéi kënnen déi verschidde Sujete formal an non-formal beaarbecht ginn. D'Kand steet ganz kloer bei all Decisioun am Mëttelpunkt. Dat bedeit och, dass d'Enseignanten an d'Educateuren vill Komproméisser mussen agoen, e. a. och wat hir Präsenzzäiten ugeet. En obligatoresche Schoulalldag dauert vun 8h00 bis 15h30, mee d'Kanner kënne vu 7h00 bis 19h00 betreit ginn.

2013 gëtt mam Regierungswiessel de Wiessel vun der non-formaler Bildung aus dem Familljeministere an den Educatiounsministère vollzunn. Am MENJE ass den **SNJ** responsabel fir vill Aspekter vun der non-formaler Bildung, notamment fir d'Entwécklung an d'Implementatioun vum Rahmenplan fir d'non-formal Bildung an d'Formation continue vum Personal. Den SNJ kollaboréiert mat der Direction générale du Secteur de l'Enfance, déi e.a. fir de Qualitéitsmonitoring an d'Finanzéierung vun de Strukturen am Secteur responsabel ass. D'Regierung wëll 2013 d'Kooperatioun an der Bildung weider intensivéieren a sou béid Bildungspartner ënnert ee ministeriellen Daach bréngen. D'Initiative ‚Staark Kanner' gëtt vun engem ganzheetlechte Bildungsverständnis gedroen, wou all Bildungskontext en Impakt huet an sou Aufgab vun der Bildungspolitik ass.

2013 gi per Règlement grand-ducal ‚d'Viraussetzunge fir en Agreement fir d'Gestionnaires de services d'éducation et d'accueils pour enfants' präziséiert. Am Artikel 2 vum Reglement gëtt beschriwwen, dass e ‚Service d'éducation et d'accueil fir Kanner' folgend Konditioune muss erfëllen:

« Pour pouvoir être considéré comme service d'éducation et d'accueil pour enfants, le service doit fournir au moins les prestations tendant à :

a) la détente et au repos;

b) une restauration équilibrée;

c) des activités d'animation et d'initiation culturelle, musicale, artisanale, artistique, motrice et sportive;

d) des activités favorisant le développement social, affectif, cognitif, linguistique et psycho-moteur de l'enfant;

e) des activités favorisant l'intégration de l'enfant dans son environnement social et local;

f) des études surveillées consistant à offrir aux enfants scolarisés un cadre favorable à l'exécution des devoirs à domicile de façon autonome, dans des conditions de calme avec une surveillance et un soutien minimal.

Ces prestations doivent être adaptées à l'âge de l'enfant. »

Zanter 2016 gëtt de Bildungsoptrag vun de Bildungs- a Betreiungsstrukturen duerch de Rahmenplan fir d'non-formal Bildung beschriwwen. D'SEA hunn eng ëffentlech Missioun, déi doranner besteet, d'Kanner an d'Liewen an hirer Gemeng ze integréieren an op d'Gesellschaft an d'Schoul zu Lëtzebuerg virzebereeden (vgl. Staark Kanner 2022).

> « Par ailleurs, les structures d'éducation et d'accueil sont dotées depuis 2016 d'une mission de service public, qui est d'intégrer les enfants dans la vie de leur commune et de les préparer à la société et à l'école luxembourgeoises. »

Mat der Rentrée 2022/23 ass den Accueil an d'Mëttegiessen an de Bildungs- a Betreiungsstrukturen wärend de Schoulwoche fir Schoulkanner am Fondamental (4-12 Joer) gratis ginn.

De ganzen SEA-Beräich bitt donieft zanter der Rentrée eng gratis Hausaufgabenhëllef un.
D'E-Bichelchen ass nei a ka bei der Kommunikatioun tëscht alle Partner genotzt ginn an eng zousätzlech Hëllef sinn.

D'lëtzebuerger Bildungslandschaft ëmfaasst Stand 2023 ronn **800** Bildungs- a Betreiungsstrukturen a Mini-Crèchen an **460** Assistants-parentaux, déi global 62.000 Betreiungsplaze fir Kanner vun 0-12 Joer offréieren (Chiffres SEA 2023).

## De Plan d'études mam Plan-cadre vum Précoce an de Rahmenplan fir d'non-formal Bildung

Mat Bléck op en neie Plan d'études kucke mir elo an de Rahmenplan fir d'non-formal Bildung eran, fir duerno an eisen Atelieren iwwer d'Kohärenz vun de verschiddene curriculare Kaderen ze debatéieren an doriwwer kënnen ze diskutéieren, wou béid Beräicher vunenee léiere kënnen, wou se sech ergänzen kënnen an Aufgaben kënnen opdeelen?

Den **Observatoire national de la qualité scolaire** schreift:

> « Il importe de bien déterminer en quoi l'offre d'éducation non formelle peut contribuer à combattre les inégalités et la façon dont l'éducation formelle et l'éducation non formelle peuvent créer des synergies en faveur d'un environnement plus juste. » (ONQS 2022: 123)

De Stage vum Enseignant fir den Enseignement fondamental beschreift d'Missioun vum Léierpersonal bei der Ausbildung vum Kand esou:

Missions de l'enseignant/e (**IFEN 2022**):

- amener les élèves à comprendre le sens et les valeurs qui sont à la base de notre société démocratique et les préparer ainsi au plein exercice de leur citoyenneté;
- instruire les élèves qui lui sont confié/e/s, contribuer à leur éducation et leur assurer une formation qui permette leur insertion sociale et professionnelle;
- amener tous les élèves à s'approprier des savoirs, à développer des aptitudes et à acquérir des compétences selon les objectifs définis pour les niveaux de compétences fixés par les programmes et le référentiel de compétences;
- promouvoir la confiance en soi et le développement de la personne de chacun des élèves;
- aider les élèves à développer leur esprit critique, à élaborer un projet personnel et à construire leur autonomie;
- préparer les élèves à la société de linformation et de la communication médiatisée qui se développe;
- rendre aptes les élèves à poursuivre leur apprentissage tout au long de la vie.

Enseignant an Educateur schaffen un der Ausbildung vun de selwechten Schlësselkompetenzen. Si sollen d'Kanner dobäi ënnerstëtzen, zu selbstséchere jonke Mënschen erunzewuessen. Déi dräi curricular Kaderen (**Plan d'études**, **Plan-cadre vum Précoce** an **Rahmenplan fir d'non-formal Bildung**) stellen d'kompetent Kand an de Mëttelpunkt. D'Ënnerscheeder an de pedagogeschen a léiertheoreteschen Usäz vu Schoul an non-formaler Bildung sinn u sech eng Beräicherung, well se dem Kand ënnerschiddlech Léierzougäng bidde kënnen a verschidden Akzenter sëtzen.

D'Participantë vum **CoLab 'Visioun'** hunn eis am Februar d'lescht Joer bestëmmte Léiererfarunge genannt, déi hirer Usiicht no essentiell sinn, fir dass e Kand zu engem kompetente jonke Mënsch eruwuesse kann. Et sinn Erfarungen, déi Grondschoulkanner am formalen, non-formalen an informelle Bildungskontext kënne maachen. Si droen dozou bäi, **Schlësselkompetenzen** (wéi eng Multiliteracy, Selbstkompetenz, transformativ Kompetenz, Reflexiounskompetenz a Sozialkompetenz) auszebilden, fir selbstbewosst, vernetzt, virwëlzeg, kreativ an als Citoyen an der Welt ze agéieren. Ech bezéie mech hei op de Kader, deen d'Curriculumsdivisioun ausgeschafft huet op Basis vum aktuelle Fuerschungsstand zu Zukunftskompetenzen an de Finalitéite vum Enseignement secondaire. Mat dësem Kader u Schlësselkompetenze gëtt momentan an der Programmentwécklung vum Secondaire geschafft.

Wa mer de Plan d'études an de Rahmeplang iwwertenee leeën, da fanne mer identesch Léier- an Entwécklungsberäicher an deenen zwee Kaderen. Am **iwwerschafftene Rahmeplan vun 2021** ass nach d'Handlungsfeld ‚Transitiounen', dat op eisem Schema hei net drop ass, als siwent Handlungsfeld fir d'non-formal Bildung bäigesat ginn.

**Domaines d'apprentissage dans les cadres formels et non formels au Luxembourg**

| Éducation non formelle | Éducation formelle (préscolaire) |
| --- | --- |
| Sciences et technologie | Raisonnement logique et mathématique |
| | Découverte du monde, éveil aux sciences, humaines et naturelles |
| Langue, communication et médias | Langage, Langue luxembourgeoise et éveil aux langues |
| Mouvement, conscience corporelle et santé | La psychomotricité, l'expression corporelle et la santé |
| Esthétique, créativité et art | L'expression créatrice, l'éveil à l'esthétique et à la culture dans le domaine des arts plastiques |
| Valeurs, participation et démocratie | La vie en commune et les valeurs |
| Emotions et relations sociales | |

De formale Schoulsystem deklinéiert dës Entwécklungs- a Léierberäicher am Stonneplang an der Reegel a Fächer. D'non-formal Bildung geet dogéint transversal vir a kënnt doduerch dem natierleche Léiere villäicht oft méi no wéi d'Schoul. D'Schoul leet fest, wéi se d'Leeschtung vum Kand an hiren Handlungsfelder evaluéiert, wéi ee Fach wéi ee ‚Kapitalwäert' huet fir weiderzekommen. D'Bedeitung an d'Zäit, déi de formalen an non-formalen Bildunsgberäich an och den informellen Bildungsberäich jeeweils fir déi verschidde Léier- an Entwécklungsberäicher zur Verfügung hunn, variéiert. An der non-formaler Bildung, déi laang am gesellschaftlechen Verständnis ‚just' en Erzéiungsoptrag hat, gëtt den Akzent och haut méi op d'Vermëttlung vu sozialen a personale Kompetenzen geluecht (Konflikter léisen, Teamfäegkeet léieren) an op d'Wichtegkeet vu Partizipatioun (Rahmenplan 2021 : 30). An der non-formaler Bildung sollen d'Kanner doriwwer eraus eng villfälteg Offer u kënschtlereschen Aktivitéiten proposéiert kréien. Dat gëllt och fir d'Bewegung a Gesondheet, déi am Fokus vun der non-formaler Bildung stinn.

Wéi ee Bäitrag ka wéi ee Bildungspartner leeschten? Wat ass bei der Ausbildung vum Kand am Fondamental fir en neie Plan d'études wichteg?

## Prinzipien a Léiermethoden

Am Rahmenplan vun der non-formaler Bildung sinn eng Rei Prinzipie verankert, deenen och d'Schoul sech verflicht fillt. Während d'non-formal Bildung de ganze Bildungsalldag duerno strukturéiert, ass den Handlungskader vun der formaler Bildung méi ofgestach, net zulescht duerch hiren Zertifikatiouns- an Qualifikatiounsoptrag. An der non-formaler Bildung besteet kee Leeschtungsdrock fir d'Kand. Léiere soll Spaass maachen. D'spilleresch-entdeckend Léieren huet en zentrale Stellewäert. Mathematesch an technesch Fäegkeete sollen am konkreten, prakteschen an natierleche Kontext ausprobéiert an erléiert ginn. D'non-formal Bildung gëtt am Géigesaz zur formaler Bildung eng Bildungsoffer, déi op Fräiwëllegkeet an Oppenheet baséiert. Den Éducateur ass de Begleeder vum Léieren, deen d'Interesse vum Kand opgräift an et dobäi ënnerstëtzt, seng Erfarungen ze maachen a säi Wëssen ze erweideren. Zentral ass an der non-formaler Bildung och, dass d'Léieren net als Eenzeltätegkeet ugesi gëtt, mee grondsätzlech am reegelméissegen Austausch mat Kanner, Jugendlechen an Erwuessenen entsteet. Och den Enseignantsberuff erfuerdert ëmmer méi duerch eng sech verännert Lehr-Lernkultur, méi de ‚Léierbegleeder' a manner ‚Lehrer bzw. belehrend' ze sinn.

D'non-formal Bildung huet keng definéiert Socles de compétences, déi festleeën, wat d'Kand zu wéi engem Moment muss kënnen. D'Léierziler vun enger Schoulstonn sinn am Hibléck op d'Ergebnissécherung beim Kand vill méi festgeluecht. D'Dokumentatioun vum Léierprozess an d'Beobachtung vum Kand hunn awer een zentralen Stellewäert am Educateursberuff.

D'Individualisatioun, d'Differenziatioun an d'Inklusioun, d'Valorisatioun vun der Méisproochegkeet si weider fest verankert Bildungsprinzipien an der non-formaler Bildung. Och an der Schoul gëtt versicht, beschtméiglech mat dëse Wäerter a Prinzipien ze agéieren. Wéi kënne mer iwwer en neie Plan d'études dozou bäidroen, fir d'Schoul am Sënn vum kompetente Kand nach besser ze maachen?

Mat Impressioune vum Kannercampus Belval, deen am September 2020 opgaangen ass, kommen ech un de Schluss vun dëser Intro.

> *Virun der Ouverture vum Campus gouf d'Kooperatioun vum zukünftege formalen an non-formale Personal zesummen definéiert. De Campuscomité besteet aus Vertrieder aus all Cycle fir de formale Beräich an 2 Responsabele fir den non-formale Beräich. Un de Concertatiounen am Cycle hëlt den Uspriechpartner aus der non-formaler Bildung fir de jeeweilege Cycle deel.*
>
> *Elteregespréicher fannen um Kannercampus zesumme statt. Si ginn ëmmer vun der Referenzpersoun vun der formaler Bildung zesumme mat der Referenzpersoun vun der non-formaler Bildung gehalen, sou dass d'Elteren e ganzheetleche Bléck an den Alldag vum Kand um Site kréien.*
>
> *Och d'Räimlechkeeten um Campus kënne vu béide Beräicher genotzt ginn. Fir d'Zesummenaarbecht förderlech ass d'Opdeelung vun de Säll: Et gëtt ëmmer ee Funktiounsraum tëscht 2 Klassesäll. Sou kënnen net nëmme klassesch Klassesäll als SEA-Räim genotzt ginn. D'Funktiounsräim entspriechen méi de räimleche Virstellungen, wéi se de Rahmenplang fir d'non-formal Bildung virgesäit.*
>
> *Am Alldag fënnt d'Kommunikatioun wärend den iwwerlappende Schoulstonne statt: Et ginn Tuteursstonnen an Entdeckungsmomenter, déi de Member aus der non-formaler Bildung an der formaler Zäit mécht. D'Tuteursstonnen sinn dofir geduecht, dass d'Referenzpersoun aus der non-formaler Bildung och an der Klass hëlleft, grad bei Aktivitéiten, fir déi et eng weider Hand brauch a fir dass d'Memberen aus der non-formaler Bildung d'Kanner och wärend hirer Zäit an der formaler Bildung kënne kenneléieren. D'Entdeckungsmomenter si Stonnen, wou d'Persoun aus der non-formaler Bildung d'Kanner gruppeweis aus der Klass erausheält, fir mat hinnen kleng Aktivitéiten oder Projeten ze maachen, déi hinne sollen hëllefen, sech an hir Interessen a Kompetenze besser kennenzeléieren.*
>
> *All Enseignant huet all zweet Woch säin Appui pédagogique, wou en sech nomëttes un den Aktivitéite vum SEA bedeelegt. D'Aktivitéite ginn am Virfeld geplangt a beschwat. „Et ass e gemeinsam entwéckelten Alldag, deen am Sënn vum Kand an op gudden an op schlechten Erfarungen aus eiser Praxis geduecht gouf", sou d'Delila Schroeder, Presidentin fir de formale Beräich vum Kannercampus Belval. „Mir gesinn eis just um legisteschen Niveau als zwee verschidde Beräicher. Fir eisen Alldag si mir eng Ekipp a schaffen gemeinsam u Projeten."*

Fest steet, dass de Rapprochement tëschent der formaler an non-formaler Bildung en undauernde Léierprozess ass, dee sech a klenge Schrëtt vollzitt. Et brauch dofir e gemeinsame Plang, strukturell Moyenen, Bereetschaft, Zäit fir Entwécklung a villäicht och e.a. sou Momenter wéi haut ...

**Fir weider Informatioune fannt Dir op www.curriculum.lu och de PDF mat de PowerPoint-Sliden an dem Quelleverzeechnes vun dëser Introduktioun.**

## 3.2. CoLab am Présentiel

Den 19. Januar 2023 hunn d'Participantë vum CoLab-Workshop am Présentiel an dräi thematesch verschiddenen Atelieren iwwer de Sujet ‚D'Brécken tëschent der formaler an non-formaler Bildung' diskutéiert a sech e. a. mat der Fro befaasst, wéi béid Beräicher besser kommunizéieren a kollaboréiere kéinten. D'Zil vun den Atelierstheeme war et, den iwwergeuerdnete Sujet vum Owend jeeweils aus verschiddene Bléckwénkel ze beliichten, fir esou e Gesamtbild kënnen ze erfaassen.

- **Atelier A:** Léierméiglechkeeten an der non-formaler Bildung a Vernetzunge mat der formaler Bildung
- **Atelier B:** De gemeinsamen an ënnerschiddleche Bildungsoptrag
- **Atelier C:** Vu Kommunikatioun zur Kollaboratioun
- **Atelier D:** De la communication à la collaboration

E puer Präzisiounen zu den Theemen, déi an den eenzelnen Atelieren matabegraff waren:

### Atelier A: Léierméiglechkeeten an der non-formaler Bildung a Vernetzunge mat der formaler Bildung

- Gemeinsam an ënnerschiddlech Konzepter a Projeten
- Infrastrukturen (Material, Gebaier,...)
- Strukturell an organisatoresch Erausfuerderungen
- Hausaufgabenhëllef
- Déi verschidden Acteuren

### Atelier B: De gemeinsamen an ënnerschiddleche Bildungsoptrag

- Rôle a Missioun vun Enseignant an Educateur
- De Plan d'études, de Plan-cadre vum Précoce an den Non-formale Rahmenplan
- Wou kënnen déi verschidde Léierzougäng sech ergänzen?
- Weider Theemen: PDS, gemeinsam Reegelen a Strukturen

### Atelier C & D: Vu Kommunikatioun zur Kollaboratioun / De la communication à la collaboration

- Aktuell Szenarie vu Kollaboratioun am Alldag
- Zukünfteg Zesummenaarbecht an Dialog tëschent formaler an non-formaler Bildung
- Inhalter a Verknüpfunge vu Plan d'études an non-formalem Rahmenplan

All Atelier gouf vun Mataarbechter aus der Divisioun vun der Curriculumsentwécklung encadréiert, déi moderéiert an den Input festgehalen hunn. Ënnert anerem gouf zu follgende Froen diskutéiert:

- Wou existéiert scho Kommunikatioun a Kollaboratioun? Wou a wéi funktionéiert se (net) gutt? Wéi eng Acteure si bedeelegt?
- Wéi kéint déi formal an déi non-formal Bildung (besser) matenee kommunizéieren a kollaboréieren? (Organisatioun, Infrastruktur, Formatioun, …)
- Wat ass d'Potenzial a wat sinn d'Limitte vun enger Zesummenaarbecht?
- Wat sinn d'Stolpersteng bei der Kommunikatioun a Kollaboratioun tëschent formalem an non-formalem Secteur? Wéi eng Léisungsvirschléi kéinten et ginn?
- Wéi eng villfälteg Léierméiglechkeete bitt den non-formale Secteur a wou leien d'Vernetzungsméiglechkeete mat der formaler Bildung? (Konzepter, Projeten, …)
- Theema 'Hausaufgabenhëllef': Wou ergänze sech béid Acteuren a wat sinn d'Schwiereg keeten?
- Wou gesidd Dir de **gemeinsamen** a wou den **ënnerschiddleche** Bildungsoptrag vun der formaler an non-formaler Bildung? (Missioune vum Enseignant an Educateur, Hand lungsfelder, Léierziler, Kompetenzen, Approchen, Instrumenter 'Plan d'études' & 'Non-formale Rahmenplan', …)
- Wat erwaart Dir lech vun engem Dialog a vun enger Zesummenaarbecht tëschent dem formalen an non-formalen Beräich? (Zesummenaarbecht vum edukative Personal, Wierkung op d'Kanner, op d'Elteren, …)
- Wéi eng Wichtegkeet huelen d'Referenzdokumenter ewéi de Plan d'études, de non-formale Rahmenplan an de PDS an, wéi eng Vernetzunge wieren sënnvoll? Wat sollt a puncto Schoulorganisatioun geschéien?

## 3.3. Online-CoLab

De 24. Januar 2023 hunn d'Participantë vum Online-CoLab, geleet vu sechs groussen Iwwerfroen, iwwer d'Theema 'D'Brécken tëschent der formaler an non-formaler Bildung' diskutéiert. Op Basis vun den Erfarungen aus de CoLab-Workshops am Schouljoer 2021-2022 gouf entscheet, alleguerten de Participantë vum Online-CoLab déi selwecht Basisfroen ze ginn. D'Participantë goufen no enger Introduktioun a 'Breakout-Rooms' geschéckt, wou si zu 4-6 Leit waren, déi zesummen ee Word-Dokument mat de sechs groussen Iwwerfroen diskutéiert an ausgefëllt hunn.

Den Online-Workshop gouf vun fënnef Moderateuren aus der Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT encadréiert. Dës Moderateuren hunn de Participanten Hëllefstellung bei Froen a Problemer ugebueden, waren allerdéngs net aktiv bei den Diskussiounen dobäi an hunn dës deementspriechend och net moderéiert oder notéiert. D'Participantë selwer hunn hiren Input am Word-Dokument festgehalen an dëst Dokument um Schluss vum CoLab de Moderateure per Mail an Teams iwwermëttelt. All Grupp huet follgend Froen diskutéiert:

- Fir eng gemeinsam Ausgangsbasis fir déi uschléissend Diskussioun ze schafen, definéiert zesummen d'Begrëffer 'Formal an non-formal Bildung' zu Lëtzebuerg
- Wéi eng villfälteg Léierméiglechkeete bitt den non-formale Secteur a wou leien d'Vernetzungsméiglechkeete mat der formaler Bildung?
- Wou gesitt Dir de gemeinsamen a wou den ënnerschiddlechen Bildungsoptrag vun der formaler an non-formaler Bildung? (Missioune vum Enseignant/Educateur, Léierziler, Kompetenzen, Approchen, Instrumenter 'Plan d'études' an 'Non-formale Rahmenplan', ...)
- Opbauend op Är Erfarungen: Wéi kéint déi formal an déi non-formal Bildung (besser) matenee kommunizéieren a kollaboréieren?
  - > Wou, wéini a firwat...

    ... ass eng Kollaboratioun tëschent dem formalen an non-formale Beräich férderlech/néideg? (Fir d'Kand, fir d'Léierpersonal, fir d'Elteren, ...)

    ... ass eng Kollaboratioun tëschent dem formalen an non-formale Beräich net gëeegent/sënnvoll? (Fir d'Kand, fir d'Léierpersonal, fir d'Elteren ...)

    ... ass eng Kollaboratioun tëschent dem formalen an non-formale Beräich (aktuell) net méiglech?
- Wat erwaart Dir Iech vun engem Dialog a vun enger Zesummenaarbecht tëschent dem formalen an non-formale Beräich? (Zesummenaarbecht vum edukative Personal, Wierkung op d'Kanner, op d'Elteren, ...)
- Ausbléck: Aus der Diskussioun ronderëm d'Theema eraus: Wat fir Verännerunge wënscht Dir Iech als Grupp kuerz- a mëttelfristeg a puncto Kommunikatioun a Kollaboratioun tëschent dem formalen an non-formale Beräich? Wéi eng Wichtegkeet huelen heifir d'Referenzdokumenter ewéi de Plan d'études, de non-formale Rahmenplan an de PDS an, wéi eng Vernetzunge wiere sënnvoll? Wat sollt a puncto Schoulorganisatioun geschéien?

# 4. Zesummefaassung vun den Diskussiounen

De gesammelten Input aus allen Atelieren (online a presentiel) gëtt op de nächste Säiten duergestallt.

An all de CoLab-Workshops, déi am Kader vum Projet 'Plan d'études 2025' gehale gi sinn, sinn d'Diskussiounen net beim d'Theema 'Plan d'études' stoe bliwwen, well se ëmmer och d'Schoulorganisatioun a weider Aspekter ronderëm d'Schoul(halen) mat abegraff hunn. Fir dëse sechste CoLab-Workshop soll awer am speziellen dorobber higewisen ginn, dass d'Theemen, déi d'Diskussioune geleet hunn, méi wäit gegraff hunn an de Plan d'études net méi den Zentrum vun den Diskussiounen war. Dëse CoLab-Workshop gouf vun alle Participanten als wäertvollen Austauschmoment tëschent deenen zwee Bildungsberäicher wouergeholl a geet méi allgemeng op d'Defien a Wënsch vu béide Bildungsberäicher an, deenen et um Häerz läit, d'Kanner beschtméiglech ënnerstëtzen ze kënnen.

D'Andeelung an d'Regruppéierung vun den Aussoen aus dem CoLab-Workshop goufe vun der Divisioun fir **Curriculumsentwécklung vum SCRIPT** virgeholl. D'Inhalter goufe beschtméiglech zesummegefaasst a strukturéiert, woubäi versicht gouf, Eegeninterpretatiounen ze vermeiden a mëndlech wéi schrëftlech Aussoen inhaltsgetrei erëmzeginn an se zesummenzefaassen. Eng reng Zesummestellung vun de genannte Stéchwierder vun den Atelieren fënnt een an der separater **Annexe** zu dësem Rapport. D'Inhalter, déi elo presentéiert ginn, sinn Deel vun der Grondlag fir eng weiderféierend Diskussioun ronderëm den neie Plan d'études 2025. Wärend munnech Aspekter méi dacks genannt gi sinn, huet et sech bei aneren (nach) ëm Eenzelaussoe gehandelt. Net all déi genannten Aspekter wäerten herno an dat konkret Konzept fir den neie Plan d'études 2025 opgeholl kënne ginn, mee si sinn awer wäertvoll Indikatoren, fir d'Richtung ze spieren, déi vum Terrain erwënscht ass. Verschidde Partner wäerten op dëse Rapport reagéieren an dobäi verschidde vun de presentéierten Iddien opgräifen, esou wéi anerer fir sech verwerfen. D'Zil ass et, fir no all de gehéierte Stëmmen e roude Fuedem erauszekristalliséieren, op deem den neie Plan d'études 2025 kann opgebaut ginn.

Op de nächste Säite fannt Dir deemno d'Käraussoen, déi am Online- an am Presentiel-CoLab-Workshop genannt goufen. Wann Dir dorunner interesséiert sidd, alleguerten d'Stéchwierder aus den Atelieren ze liesen, konsultéiert wgl. déi separat **Annexe**.

**Am follgenden Text sinn déi Käraussoe faarweg ënnerstrach ginn, déi dem Auteur vun dësem Rapport no am heefegste vun de Participanten genannt gi sinn.**

## 4.1. Den aktuelle Kontext

De CoLab-Workshop huet als éischt d'Fro opgeworf, wéi de Fonctionnement vun der formaler an non-formaler Bildung an hir Zesummenaarbecht de Moment ausgesinn.

D'**Kapitel 4.1** presentéiert deemno d'Käriwwerleeungen an Aussoe ronderëm den aktuelle Kontext:

- Wou gesinn d'Participanten aktuell d'**Gemeinsamkeeten an d'Ënnerscheeder** tëschent den zwee Bildungsberäicher, am Hibléck op hire Fonctionnement, Bildungsoptrag an domat verbonnen Approchen?
- Wat sinn déi grouss Stolpersteng an **Erausfuerderungen**, deenen d'Léierpersonal, d'Kanner, d'Elteren an aner Acteure momentan géintiwwer stinn?
- Wou a wéi leeft d'Zesummenaarbecht scho **gutt**?

Am **Kapitel 4.2** wäerte mir de Bléck dann no vir riichten a eis ukucken, wat d'Participantë fir d'Bréckenten tëschent der formaler an non-formaler Bildung zukünfteg als wichteg ugesinn.

### 4.1.1. Ënnerscheeder a Gemeinsamkeeten

D'Participantë goufen no den Ënnerscheeder a Gemeinsamkeeten gefrot, déi et tëschent deenen zwee Bildungsberäicher ginn, respektiv déi si als sollech wouerhuelen. Vill verschidden Elementer goufen ugeschwat, dorënner de Bildungsoptrag, d'Missioune vum Léierpersonal a vum edukative Personal, d'Approchen, de Kontext an och organisationell a strukturell Aspekter ewéi d'Horairen.

Deelweis stoungen d'Aussoen am Widdersprooch zueneen. Esou hu munch Participanten ee kloren Ënnerscheed an den Zilsetzunge vu béide Bildungsberäicher gesinn, wärend anerer gesot hunn, dass d'Zilsetzungen u sech déi selwecht wieren. Aus dësem Grond sinn eng Rei vun de Gemeinsamkeeten an Ënnerscheeder, déi dëst Kapitel elo erausstellt, net als 'absolut' ze gesinn, mee kënnen a sollen eng Basis fir Reflexiounen an Diskussiounen bidden.

**Ënnerscheeder**

Déi Aussoen, déi kënne géintiwwergestallt ginn, sinn an der nofollgender Tabell festgehalen. Hannert dëser Tabell si weider Aussoen opgefouert, wou keng direkt Géigeniwwerstellung opkomm ass. Aussoen, déi oft gefall sinn, goufe visuell ervirgehuewen. An der Tabell si Beispillaussoen vun de Participanten oder Präziséierunge vun der Ausso als Stéchpunkte festgehalen.

| Formale Bildungsberäich | Non-formale Bildungsberäich |
|---|---|
| Scolaire<br>• Unterrecht/an der Schoul | Périscolaire<br>• Betreiung ausserhalb vum Unterrecht/vun der Schoul<br>• SEAS, Maison relais, Foyer du Jour, Crèche, Dages-elteren, Veräin, Jugendhaus, Museksschoul, ... |
| Zougänglech fir all Kand | Net all Kand besicht ee Service vum SEA |
| Obligatoresch (ausser Précoce) | Fräiwëlleg[5]<br>• Gräift an d'Familljen- a Fräizäit an |
| Méi definéierte Kader<br>• Kanner passen sech dem Kader un<br>• Léierziler festgeluecht (Plan d'études)<br>• Fächer, Stonneplang, ‚Programm' | Méi oppene Kader<br>• Kader passt sech de Kanner un<br>• Léierziler kënnen op Basis vum Rahmenplang entscheet a flexibel verännert ginn<br>• Méi spontan Projete méiglech<br>• Méi Zäit a Raum, fir op d'Kanner anzegoen |
| Enseignant als Constructeur vun der Bildung | Kanner als Co-Constructeur vun hirer Bildung<br>• Choix un Offeren, Matgestaltung, Fräizäit erméiglechen, individuell Interesse méiglech, Interesse weiderentwéckelen, Hobbyen |
| Méi am Grupp | Méi individuell a bedürfnisorientéiert<br>• En Dag net am ‚Grupp' verbréngen ass OK |
| Compétences liées au savoir | Compétences liées à l'evolution individuelle |
| Fokus op Kompetenzen a Wëssen | Fokus op Emotiounen rsp. um sozio-emotionale Beräich<br>• Dat kéim an der Schoul oft ze kuerz |
| Feelerorientéiert | Ressourcenorientéiert |
| Resultatsorientéiert | Net resultatsorientéiert<br>• Resultat manner wichteg; wann, da prozessorientéiert (de Wee ass wichteg) |

5 Ausso vun engem Grupp: Déi non-formal Offer wier zwar fräiwëlleg, mee (mëttlerweil) awer eng 'Nécessité sociale'.

| Leeschtungsdrock fir d'Kanner | Kee Leeschtungsdrock fir d'Kanner |
|---|---|
| • Qualifikatioun, Réussite scolaire, Erreeche vu Socklen, ...<br>• Zäit als wichtege Facteur (Zäitdrock) | • Manner Erwaardungen a Konsequenzen (z. B. vun den Elteren)<br>• Sech entspane kënnen an och mol näischt maachen |
| **Zertifikativ Evaluatioun/Tester** | **Keng zertifikativ Evaluatioun/Tester** |
| • Ee Raster hunn | • Schaffe vill mat Beobachtung |

Weider genannten Aspekter, wou et de Participanten no Ënnerscheeder tëschent deenen zwee Bildungsberäicher ginn, ginn nofollgend an thematescher Reiefolleg opgezielt:

- De Kader

  Verschidde Participanten hu gesot, dass d'Zilsetzungen déi selwecht wieren; anerer waren der Meenung, se wiere verschidden. Ee Grupp sot, dass de Bildungsoptrag dee selwechte wier, mee dass d'Rumm eng aner wier, dat engersäits am Hibléck op Léierziler an anerersäits am Hibléck op Instrumenter an Approchen.

- D'zäitlech Strukturen

  Auerzäiten, Schoulvakanzen, ...

- De Budget an d'Finanzéierung vu Projeten an Initiativen

  D'Handhabung an d'Héicht vum Budget fir Initiative fir déi zwee Bildungsberäicher a virun allem och ënnerhalb vun der non-formaler Bildung selwer wiere jee no Gemeng an Träger ganz verschidden. Geneesou géif et kee gemeinsame Budget, op dee fir gemeinsam Projeten an Initiativen kéint zeréckgegraff ginn.

- Oft verschidde Gebaier & verschiddent Material an Ausstattung[6]
- Plattforme fir ze notzen, z. B. verschidden Plattforme fir Formatiounen
- Missioune vum Léierpersonal
- Reegele (fir d'Kanner)
- Siicht op d'Kand

  Dat wier awer positiv, well sou kéint ee sech ergänzen an zesummen eng ganzheeltech Vue op d'Kand hunn.

- Bezéiung tëschent dem Responsablen an dem Kand[7]
- D'spilleresch Léieren an d'Beobachtung stéingen an der non-formaler Bildung méi am Vierdergrond

6 Dëse Punkt gouf souwuel bei den Ënnerscheeder ewéi och bei de Gemeinsamkeete genannt, well dat vun der Lokalitéit ofhängeg ass. Op verschiddene Plazen gi sech d'Gebailechkeeten an d'Materiel (méi) gedeelt.

7 Dëse Punkt gouf net weider präziséiert, esou dass net kloer ginn ass, a wéi wäit d'Bezéiung tëschent dem Kand an dem Responsabelen anescht soll sinn.

**Gemeinsamkeeten**

Am CoLab-Workshop ass doriwwer diskutéiert ginn, wéi eng Gemeinsamkeeten et fir d'Participanten tëschent deenen zwee Bildungsberäicher ginn, dëst op ganz verschidden Aspekter gekuckt. Aussoen, déi oft am CoLab gemaach gi sinn, goufen am Rapport visuell ervirgehuewen. D'Aussoe goufen thematesch geuerdnet a groupéiert. D'Participanten hu follgend Aspekter als gemeinsam fir d'formal an d'non-formal Bildung genannt:

- Kannerrechter
- De gesetzleche Kader
- De gemeinsame Ministère (MENJE), mee awer (nach) net ëmmer eng gemeinsam Vue
- Schaffe mat engem Referenzdokument: De non-formale Rahmenplan & de Plan d'études

    Dës Referenzdokumenter hu Gemeinsamkeeten, mee dës wieren net fir jidderee siichtbar a kloer.
- Plan de développement scolaire (PDS) als méiglech Bréck tëschent Plan d'études an non-formalem Rahmenplan
- Encadréiert mat spezifeschen Zilsetzungen[8]
- **D'Domainer am Plan d'études an d'Handlungsfelder am Rahmenplan**[9]
- D'Kand ass am Mëttelpunkt an ass eng Gemeinsamkeet, well et sinn déi selwecht Kanner
- D'Kand a senger Entwécklung begleeden
- D'Inklusioun
- D'Léierpersonal besteet aus Pedagogen[10]
- D'Léierpersonal ass Garant vum Bien-être vum Kand
- D'Léierpersonal assuréiert e Kader, fir ze léieren ('Lernumgebung')
- D'Hausaufgabe wieren zumindest ee Bindeglied, y compris d'E-Bichelchen
- Verschidde gemeinsam Projeten an Evenementer (z. B. Liichtmëssdag, Schoulfest, …)
- Kontakt a Kommunikatioun mat den Elteren & d'Elterenaarbecht
- D'gemeinsam Kommunikatioun mat aneren Acteuren aus dem Bildungssystem, z. B. d'I-EBS an d'ESEB
- D'Iwwergäng vun der Schoul an d'Maison relais an zeréck (inkl. den Déplacement)
- D'Mobilitéit, z. B. de Bus huelen
- Gemeinsam Sécherheetsfroen

8 Verschidde Participanten hu gesot, dass d'Zilsetzunge vu béide Bildungsberäicher déi selwecht wieren; anerer waren der Meenung, se wieren verschidden. Ee Grupp sot, dass de Bildungsoptrag dee selwechte wier, mee dass d'Rumm eng aner wier, dat engersäits am Hibléck op Léierziler an anerersäits am Hibléck op genotzten Instrumenter an Approchen.

9 Et gi grouss Ähnlechkeete bei den Domainer an Handlungsfelder, och wann si net 1 zu 1 deckungsgläich sinn.

10 Léierpersonal mengt an dësem an den zwee Stechwierder dono suwuel d'Personal aus dem EF ewéi och aus dem SEA.

- Béid Bildungsberäicher ginn iwwert den EF eraus

  D'Bildungsinhalter vu formaler an non-formaler Bildung setzen net eréischt hiren Ufank vun der verpflichtender Scolarisatioun vum Kand un. Si kommen am Précoce zesummen. Doniewent bitt den non-formale Bildungsberäich zu dësem Moment nach aner Offeren un, wéi Crèche oder Foyer du jour. Fir de formale Bildungsberäich geet et nom EF mam ES an dono ggf. mat der Uni virun. Och am non-formale Bildungsberäich ginn et wärend dem ES weiderhin Offeren fir déi Jonk.

- De gemeinsame Broch mam Iwwergang vum EF an den ES

  Beim non-formalen Bildungsberäich gëtt et dann zum Beispill keng Maison relais méi, do kënnt ee 'Lach' am Hibléck op d'Offer, well oft net gutt iwwer déi non-formal Jugendaarbecht informéiert géif ginn. Och dee formale Bildungsberäich erlieft ee Broch zur selwechter Zäit tëschent den zwee Systemer, wou den Iwwergang de Participanten no misst verbessert ginn.

- Infrastruktur & Material, wann een an engem Gebai ass an d'Material gemeinsam genotzt gëtt
- Béid Bildungsberäicher hunn ëffentlech & privat Strukturen[11]
- Béid Bildungsberäicher erliewen e Personal- & Ressourcemangel
- D'administrativ Aarbecht wier grondsätzlech fir béid Bildungsberäicher (ze) grouss

D'Theeme vun deenen zwee Beräicher géife sech iwwerschneiden. D'Besoinen an d'Erfarunge vun de Kanner géifen all d'Bildungsberäicher duerchdréngen. Den non-formalen Bildungsberäich géif dacks opgräifen, wat an der Schoul gemaach gëtt a mat de Kanner dorunner viruschaffen, dat am Hibléck op all seng Handlungsfelder, déi fir béid Bildungsberäicher ganz änlech wieren. Villfach géif op déi selwecht oder ganz änlech Elementer Wäert geluecht:

- D'Chancegläichheet ze färderen, läit béide Partner um Häerz
- Interessen & Talenter färderen, Schwächten opfänken
- Am Fokus steet eng ganzheetlech & individuell Förderung vum Kand
- D'differenzéiert Schaffen
- Gëeegent Material a gëeegent Räimlechkeeten
- Ee kriteschen, respektvollen, oppenen an responsabele Bierger forméieren
- Wäertevermëttlung an Demokratie
- D'Méisproochegkeet färderen an ausbilden

  Plurilinguisme, Méisproochegkeet färderen.

  Lëtzebuergesch als Integratiounssprooch.

- Kommunikatioun
- Sozialkompetenzen entwéckelen, de Fonctionnement an d'Zesummenaarbecht am Grupp léieren
- Sozialisatioun, Savoir vivre ensemble
- Respekt, Toleranz, Sensibilisatioun, z. B. fir verschidde Kulturen
- Déi aner entdecken & sech selwer entdecken

11 Beim non-formalen Bildungsberäich schwätzt een vun konventionéierten an kommerziellen Strukturen.

- Selbstkompetenzen entwéckelen
- Selbstvertrauen & Selbstbestëmmtheet entwéckelen
- Identitéitsentwécklung
- Autonomie
- Resilienz
- Konfliktbewältegung
- Problemer léisen
- Zesummenhäng erkenne léieren
- Inter- & intrapersonal Kompetenzen ausbauen
- Emotionaalt Léieren
- Transversal Kompetenzen entwéckelen
- Fachlech Kompetenzen entwéckelen (z. B. Rechnen, Schreiwen, Liesen)
- Freed um 'Life long learning' färderen; léieren, selbststëmmt ze léieren
- Kreativitéit
- Musek a Konscht
- Sportlech Aktivitéiten a kierperlech Erfarungen (Schwammen, Gläichgewiicht, Beweegung,...)
- Färderung vu Motorik & Psychomotricité
- Raimlech Orientéierung a raimlecht Léieren. Mam Bus, Velo an zu Fouss eens ginn
- Entdecke vun der Welt & Entdecke vun der Natur
- Nohaltegt Denken entwéckelen, Natur & Ëmwelt
- Gesondheetsbewosstsinn färderen
- (Gesond) Ernärung
- Ëmgang mat Medien
- Ëmgang mat Technik a mam Computer
- Reegelen unhuele léieren

### 4.1.2. Stolpersteng an Erausfuerderungen

D'Participantë goufen no de Stolpersteng an Erausfuerderunge gefrot, deene sech déi verschidden Acteuren an hirem Alldag stelle missten. Doriwwer eraus goufen ateliersiwwergräifend Aussoe gemaach, déi an däsem Rapport als Stolpersteng agestuuft goufen. Aus dëse genannte Stolpersteng an Erausfuerderunge gi méi oder manner direkt Implikatiounen, Wënsch a Besoine fir d'Zukunft ervir. Dës ginn an den nofollgende Kapitelen zesummegefaasst. Am **Kapitel 4.2** ginn deemno vill vun dësen Inhalter erëm opgegraff, dat am Hibléck dorobber, wat d'Participanten als potentiell Léisung wouerhuelen oder si sech fir eng besser Kommunikatioun a Kollaboratioun wënschen. Aussoen, déi oft gefall sinn, goufen nees visuell ervirgehuewen.


Stolpersteng & Erausfuerderungen
Zesummenaarbecht am MENJE net gutt
Feelend Wësse vunenee & Wäertschätzung a béide Bildungsberäicher
Gebonnenheet un de Wëllen an d'Méiglechkeete vun eenzelne Persounen a Gemengen
Onkloerheeten an de Rolle vun den eenzelne Partner (Enseignant, Educateur, Dageselteren asw.)
Feelend Kommunikatiouns- & Kollaboratiounsbereetschaft
Vill Träger an Arbeitgeber ➔ Ënnerschiddlech Handhabungen, Contrainten
PEP net optimal
(Schoulescht) Material ➔ Oft keng gemeinsam Notzung & Reegelen
Keng gemeinsam Ziler rsp. gemeinsam Ziler net visibel genuch
Infrastrukturen ➔ Raum fir d'Zesummenaarbecht, Distanz, Gréisst an Ausstattung oft net optimal
Kee gemeinsamen (legalen) Kader / Kader fir Kollaboratioun (och fir Dageselteren, Jugendhaiser, Crèchen asw.)
Oft keng gemeinsam Haltung/ 'Erziehungsstil'➔ Veronséchert Kanner & Elteren
Schüler-zentréierung net genuch am Virdergrond
Feelend Synergien, Passerellen & Verankerunge fir gemeinsam Aktivitéiten
Kommunikatioun mat den Elteren net gemeinsam an eenheetlech
Feelend Koordinatioun & Referenzpersoun fir d'Zesummenaarbecht
Flexibilitéit & Iwwerschneidunge vun Horairen oft net ginn oder genotzt
Munchmol gëtt et eng Sprooche-barrière
Hausaufgabenhëllef keng wierklech Hëllef, feelend Ënnerstëtzung
Dateschutz & Secret professionnel als Hürd
Informatiounen deelen an iwwermëttele schwiereg ➔ Wéineg gemeinsam Plattformen, Kanäl, Outilen
Ressourcemangel op béide Säiten, kee gemeinsame Pool fir de Remplacement
'Broch' beim non formalen Iwwergang EF-ES
Conditions de travail fir non-formale Beräich: vill Wiessel, Coupuren an de Schaffzäiten, kee 40-Stonne-Kontrakt, feelend Preparatiounsstonnen
Mangel u (gemeinsame) Formatiounen
Non-formal Bildung net ze vill formaliséieren
Keen Iwwerbléck iwwer Projeten, Initiativen, Best Practices & Demanden
Wandel an der Gesellschaft: Wat mussen d'Kanner an der haiteger Welt kënnen? (Wëssens- vs. Kompetenzvermëttlung)
‚Doheem erzéien' soll keen Nodeel sinn

D'Participanten hu sech méi Zesummenaarbecht tëschent der formaler an der non-formaler Bildung gewënscht. Si hu festgestallt, dass awer nach vill 'Stolpersteng' an Hürde géifen existéieren.

D'Participanten hu vill iwwer d'**Schoulorganisatioun an de Kader** diskutéiert. Eng Zesummenaarbecht vu béide Bildungsberäicher géif doduerch erschwéiert ginn, dass sech d'Horairë just wéineg iwwerlappen an net flexibel wieren, de Stonneplang keng gemeinsam Aktivitéiten virgeséich, an et generell net alldeeglech wier, sech géigesäiteg ze ënnerstëtzen (am Accueil, an der Mëttesstonn, bei der Hausaufgabenhëllef ,...). Et géif also op méi Ebenen u **Synergien, Passerellen a Verankerunge** feelen: an de Prozeduren, um Stonneplang vu béide Bildungsberäicher an am Plan d'études, fir gemeinsam Aktivitéiten einfach kënnen ze plangen an ëmzesetzen. Och zäitlech gesi wier dat erausfuerdernd: Eng Zesummenaarbecht wier organisatoresch opwänneg an d'Ressourcen um Terrain souwisou ze knapp, ouni eng (lokal) Koordinatiouns- a Referenzpersoun wier et schwiereg, d'Zesummenaarbecht ëmzesetzen. D'Educateure wieren zousätzlech vum hir Kader hier 'gehënnert', méi an der Schoul matzeschaffen (z. B. dierfte si an engem Noutfall net an de Klassen hëllefen, oder munnech Saachen net mat de Kanner ënnerhuelen). Zudeem wieren d'Aarbechtskonditioune vun den Educateuren als alles anescht ewéi attraktiv. Och d'Dageselteren hu gesot, dass d'Kloerheet vun hirem Profil de poste an hire Kader missten iwwerkuckt ginn, well net alles dovunner mat Bléck op hire Beruffsalldag sënnvoll wier, ewéi z. B. déi fix Hausaufgabenzäiten, déi an hirem Fall méi flexibel kéinte gehale ginn. Doniewent hunn si ervirbruecht, dass villfach d'Kollaboratioun an d'Kommunikatioun tëschent den Dageselteren an der Schoul oder der Maison relais inexistent wier. Si géifen oft vergiess ginn, net nëmmen am Informatiounsfloss, mee och bei den Ënnerstëtzungsméiglechkeeten, wou si zum Beispill am Bilansgespréich oder bei der Hausaufgabenhëllef kéinten ënnerstëtzen. Och mat Bléck op d'Crèchë koum d'Fro op, wéi een dës méi abezéie kéint. Zur Sprooch koum zudeem de **Broch tëschent EF an ES**, deen net nëmmen dee formalen, mee geneesou deen non-formale Bildungsberäich erliewe géif. Wärend d'Kanner am EF duerch d'Maison-relaisen eng konstant Méiglechkeet vu Betreiung hätten, wieren si am Lycée op eemol 'op sech alleng gestalt', well d'Uknäppung un déi nofolgend non-formal Offeren (z. B. Jugendhaiser) net zefriddestellend realiséiert géif ginn.

Déi als ongenügend wouergeholle Kommunikatioun a Kollaboratioun géife scho beim MENJE ufänken. D'Informatioune géife seelen innerhalb vum **MENJE** zesumme gedeelt ginn, um Terrain selwer dann och net an op verschiddene Plazen kéim zudeem eng Sproochebarrière dobäi. Am Allgemenge géif et un Informatiounen oder engem Iwwerbléck iwwer schonn existéierend Projeten, Initiativen, Best Practices an Demandë feelen. Geneesou géifen et **wéineg gemeinsam Plattformen**, Kanäl, Outilen an Accèsen, zum Beispill am Hibléck op gemeinsam Formatiounen, schoulescht Material, Kommunikatiounskanäl, déi fir d'Gesamtpersonal vun der Educatioun gëllen oder gedeelten Informatiounsdossieren iwwert d'Kanner. De Secret professionnel an den Dateschutz wiere Punkten, déi d'Informatiounsdeelung zousätzlech géifen erschwéieren: Wéi eng Informatioune sollen an dierfen gedeelt ginn, wéi eng net? Wann ee fir d'Reegelung vun alldeeglechе Froen a Problemer misst zousätzlech den Ëmwee iwwer d'Regionaldirektiounen huelen, misst een opgrond vun administrativen Hürden a ville Fäll laang op eng Äntwert waarden.

De Moment stéing op munche Plazen e Machtkampf am Viedergrond tëscht formalen an non-formalen Akteuren, an net d'Wuelbefanne vum Kand. En hierachescht Denken, z. B. dass d'Enseignanten als iwwert den Éducateuren stoend empfonnt géinge ginn, géif en Dialog op Aenhéicht erschwéieren, an et géife vill **Virurteeler** géintiwwer vu béide Bildungsberäicher kurséieren. Esou misst sech den non-formale Beräich mat Stereotypen erëmploen. D'Plus-Value vun der non-formaler Bildung géif oft nach net wouergeholl ginn, och net vun den Elteren. Deemno géif et u **Wëssen** iwwert hir villfälteg Offer feelen. Ëmgedréint wéissten d'Educateuren meeschtens net iwwert de Plan d'études Bescheed oder doriwwer, zu wéi enge bestëmmte Momenter wéi eng Sujeten an der Schoul traitéiert géife ginn, wat et fir si schwiereg géif maachen, unzeknäppen. De **PEP** an de **PDS** kéinten zwar als ënnerstëtzend Instrumenter fir d'Zesummenaarbecht genotzt ginn, missten awer eventuell iwwerschafft ginn.

Eng gemeinsam **Haltung no baussen** ze vertrieden an eng gemeinsam Linn bei der Erzéiung vun de Kanner an der Kommunikatioun mat den Elteren ze fueren, géif doduerch erschwéiert ginn, dass d'Gemeinsamkeete vun de jeeweilege **Referenzdokumenter** (Plan d'études & non-formale Rahmenplan) net visibel wieren an et keng gemeinsam Ziler vun deenen zwee Bildungsberäicher géife ginn oder dës zumindest net als gemeinsam wouergeholl géife ginn. D'Kanner géifen all Dag bis zu dräi verschidden Erziehungsstiler (z. B. Schoul, Maison relais, Elteren) erliewen an duerchlafen, an do kéint et fir si an och fir d'Elteren zu enger Veronsécherung féieren, wann d'Schoul an d'Maison relais mat hire Reegelen an hirem iwwergeurdnete Kader net iwwertenee géife stëmmen oder (siichtbar) anenee géinge gräifen. Ergänzend dozou gouf gesot, dass d'**Rolle** vun Enseignant an Éducateur villfach net däitlech genuch wieren: Ween mécht wat a wou leien och bewosst Grenzen? Wéi a wou kann ee sech beschtméiglech ergänzen?

Ee vun deene wesentlechste Punkten huet rondrëm d'**Bereetschaft** vun den eenzelne Persounen an Träger gedréint, fir och tatsächlech méi ze kommunizéieren an ze kollaboréieren. Wann de Wëllen do wier, wier ganz vill méiglech – mee dëse Wëllen géif de Participanten no oft nach feelen. Et wier problematesch a schued, dass d'Zesummenaarbecht an d'Méiglechkeeten, déi domadder geschaf géinge ginn, de Moment esou persounen- an trägerofhängeg wieren. Déi existéierend Quantitéit un Träger (ëffentlech a privat)[12] géif vill **ënnerschiddlech Handhabunge** mat sech bréngen, dat am Hibléck op d'Gerance vum Personal, den Effort fir méi Zesummenaarbecht, den zur Verfügung gestalltene Budget fir gemeinsam Projeten a weider Contrainten (z. B. a puncto Schoultransport). D'Demande fir non-formal Betreiuunggstrukture géif konstant klammen an d'Infrastrukture kéinten net séier genuch dorop ausgeriicht ginn. Vill **Gebailechkeete** wieren mëttlerweil ze kleng oder hätten net déi néideg (Basis-)Ausstattungen, wéi z. B. e funktionéierende WLAN. D'Infrastrukture géingen de Moment villfach net Raum a Viraussetzungen hierginn, fir eng gutt Zesummenaarbecht vu formalem an non-formalem Beräich ze erméiglechen, obschonn dee Besoin do wier.

12 Beim non-formalen Bildungsberäich schwätzt een vun konventionéierten an kommerziellen Strukturen.

Donieft misst opgepasst ginn, dass 'Doheem erzéien' net als Nodeel wouergeholl gëtt an d'Gefilll opkënnt, dass d'Kand Bildungsinhalter verpasst, wann et net an d'Maison relais geet. Déi non-formal Bildung dierft net ze vill formaliséiert ginn. D'Kanner bräichte fräi Spillzäit a sollten net andauernd eppes ugebuede kréien; si misste sech och mol kënne langweilen an zur Rou kommen.

D'Participanten hu sech zousätzlech Gedanken doriwwer gemaach, wéi d'**Gesellschaft** weider géing evoluéieren a wat dëst an eng ëmmer méi komplexer Welt fir béid Bildungsberäicher kéint bedeiten. D'Fro misst gekläert ginn, wéi eng Savoiren an Savoir-Fairen d'Kanner an der haiteger Welt misste vermëttelt kréien: Wéi ee Poids huet d'Wëssensvermëttlung, wéi een d'Kompetenzvermëttlung oder d'Vermëttlung vun 'Know-how'? Wéi eng Kompetenze sinn essentiell?

### 4.1.3. Positiv Beispiller a Modeller

Als Ofschloss vun dësem éischten Kapitel kucke mir eis un, wat fir positiv Beispiller d'Participanten am Kader vun der Zesummenaarbecht an dem generelle Fonctionnement vu béide Bildungsberäicher ervirbruecht hunn. Als Ergänzung heizou kann déi thematesch Aleedung vu Säite vum SCRIPT gelies ginn (**Kapitel 3.1**), déi illustrativ eenzel Schoulen a Modeller virstellt, wou d'Zesummenaarbecht tëschent deenen zwee Beräicher am Allgemengen als positiv wouergeholl gëtt. Et sief bemierkt, dass weder déi thematesch Aleedung nach déi nofolgend Aussoen vun de Participanten vollstänneg sinn an et ganz vill wäertvoll Initiativen a Modeller ginn, déi am CoLab-Workshop net opkomm sinn an net konnten thematiséiert ginn.

De Wee hin zu méi Kommunikatioun a Kollaboratioun ass laut de Participanten oft schwiereg, villfach géif laang Viraarbecht an suguer ee Coaching vun engem neutralen Externe gebraucht ginn. D'Tendenz géing sech awer, iwwert déi lescht Joeren gekuckt, a Richtung vun méi Zesummenaarbecht tëschent béide Bildungsberäicher beweegen an de Besoin dofir sech och ëmmer méi weisen. D'Corona-Kris hätt am Generellen dozou gefouert, dass méi zesummegeschafft gi wier, an doriwwer eraus géing d'Kollaboratioun an d'Kommunikatioun op munche Plazen am Land scho ganz gutt funktionéieren oder hätt sech an de leschte Joeren ëmmerhin verbessert – engersäits tëschent Schoul a Maison relais, anerersäits géintiwwer vun Dageselteren, Crèche, Précoce, Jugendhaiser a schlussendlech am Hibléck op d'Kommunikatioun mat Gemengen an dem **Chèque-Service**.

Et géifen Elementer, déi eng Zesummenaarbecht förderen oder wéinstens vereinfachen, z. B. ee gemeinsamen Campus, mee et kéinte vill (aner) weider Efforte gemaach ginn. Nofollgend ginn an thematescher Reiefolleg (Eenzel-)Aussoen vu de Participanten virgestallt, déi erzielt hunn, wat bei hinne scho gutt leeft a firwat et hirer Meenung no sou gutt leeft. D'Aussoe si fir de Rapport anonymiséiert, d. h. allgemeng gehale ginn, den Träger oder d'Lokalitéit goufen net mat an de Rapport opgeholl:

- De reegelméissegen Échange tëschent der Direktioun an dem Responsablen vun der SEA

- De reegelméissegen Austausch mam Schoulcomité
- D'Schafung vun engem Comité élargi, de President an de Responsabele vun der SEA deelen sech ee Bureau
- D'Zesummesetzung vun der Commission scolaire: Commune, Parents, École, SEA
- De reegelméissegen Austausch tëschent den Acteuren, jiddereen kritt déi wichteg Informatiounen
- Et gëtt iwwer Whatsapp (z. B. mat engem Whatsapp-Grupp), Dimmi an/oder E-Bichelchen matenee kommunizéiert – och mat den Dageselteren

  D'E-Bichelchen géing d'Kommunikatioun tëschent Schoul, Maison relais, Elteren an Dageseltere vereinfachen, well een sech ee séieren Iwwerbléck iwwert den Unterrechtsstoff an d'Hausaufgabe kéint verschafen.
- D'App SIGNAL gëtt et schonn an 82 Gemengen a funktionéiert fir eng gemeinsam Kommunikatioun gutt
- Plattform '**Kooperatioun Bildung.lu**' fir méi Zesummenaarbecht
- Vernetzung vum EF mat extrascolairë Bildungsstrukturen[13]

  Beispill: Netzwierk vu Fitness-Pedagogen, Pedagogeschen Bauerenhäff.
- Gemeinsam Concertatiounen (z. B. Cycle – SEAS), Versammlungen a Plenièren
- Elterecafé: Am Haff gëtt informell zesummen ee Kaffi gedronk (Elteren & SEA & EF), wou een an d'Gespréich komme kann
- Gemeinsam Elteregespréicher a Bilansgespréicher
- Gemeinsam Tester ausschaffen an d'Kanner no engem gemeinsamen Atelier zesummen evaluéieren
- Gemeinsaamt Ausschaffen a Gestalte vun Aktivitéiten ewéi Ausflich an Atelieren oder Evenementer wéi Schoulfester
- Gemeinsaamt Ausschaffe vun engem Konzept
- PDS als Lien tëschent dem Plan d'études an dem non-formale Rahmenplan, dat funktionéiert op munche Plazen gutt, fir méi Zesummenaarbecht ze schafen

  Kommunikatioun verankeren, dorausser ergi sech Aktivitéiten a Projeten.
- SEA geet an de Schoulzäiten an den EF & EF geet an den SEA-Zäiten dohinner, d'Personal ënnerstëtzt sech géigesäiteg
- E Beispill fir bei der Differenzéierung an der Klass wärend de Schoulzäiten ze ënnerstëtzen nennt folgende CoLab-Participant: „Mir [Educateuren] hu wëlles, Aktivitéite wärend de Schoulzäiten ze maachen, z. B. kéinte mir Kanner, déi mat hire Aufgabe fäerdeg sinn, ofhuelen an déi Zäit, wou hir Klassekameroden weider op der Aufgab schaffen, weider féderen an sou d'Aarbecht an der Klass ënnerstëtzen. Kanner, déi Schwieregkeeten mat der Mathé hunn, kënne praktesch gefërdert ginn [z. B. andeems mir mat hinnen an d'Epicerie akafe ginn]."

13 Extrascolaire ass alles, wat net SEA ass.

- Fir d''Hausaufgabenhëllef' gutt kënnen duerchzeféieren, goufe 'Formations internes' organiséiert, fir den Educateuren de Fonctionnement vun den Hausaufgaben ze erklären
- Transitiounsmomenter ginn anescht a gemeinsam gestalt, zäitlech Iwwerlappungen
- Verschidde Klassen am Cycle 4 schaffe mat Jugendhaiser zesummen, fir e besseren Iwwergang vun der Grondschoul op de Lycée ze erméiglechen. Do kënnen d'Kanner schonn entdecken, wat ee Jugendhaus ass a wou se d'Jugendhäiser an hirer Regioun fannen

  Gemeinsam Virbereedung fir den Iwwergang SEA-JH ➝ Cycle 4 Jugendsummer ➝ Vakanzen/Sortie gi mam Jugendhaus zesummen organiséiert.

- An enger Schoul goufen d'Horairen ugepasst (all Dag ass d'selwecht Schoul) an et deelt ee sech d'Raimlechkeeten. Et gi reegelméisseg gemeinsam Concertatioune vun Enseignanten an Educateuren, gemeinsam Zäitplagen (mëttes), wou gemeinsam mat de Kanner geschafft gëtt. Ee geet bei deen aneren hëllefen. Och Cyclesequippen wiere ganz wichteg. Et géif eng Aart Steiergrupp, deen diskutéiert, an seng Diskussioune festhält. Vereenzelt goufen dofir extern Leit zu Hëllef geholl oder spezifesch Formatiounen do gehalen
- Et gëtt plazeweis méi op gedeelte Lokalitéiten gesat: Et ass net nëmmen d'Schoulgebai, wat een sech deelt, mee och de Schoulgaart, de Weier oder d'Beienhaus, déi z. B. kënne gemeinsam genotzt ginn
- Am Kader vun enger neier Schoul, déi soll(t) gebaut ginn, gouf e Groupe de travail aberuff, wou souwuel de formalen wéi och den non-formale Beräich vertrueden ass
- Ee Bildungshaus: An engem (gemeinsame) Bildungshaus misst all d'zukünftegt Personal eng Lettre de motivation schreiwen, firwat et wéilt an e Bildungshaus schaffe komme. Do géif manner de Facteur Anciennetéit entscheeden
- **D'Nordstadt-Jugend** als positiivt Beispill
- De Service **RASE** (Relais d'accompagnement socio-éducatif) als positiivt Beispill
- Gudde Kontakt mat externe Servicer ewéi dem **SCAS** (Service entral d'assistance sociale)

## 4.2. Visioun fir d'Zukunft

Nodeems d'**Kapitel 4.1** den aktuelle Kontext ënnert d'Lupp geholl huet, riicht d'**Kapitel 4.2** säi Bléck an d'**Zukunft** a kuckt, wou d'Participanten am Kader vun de 'Brécken tëschent der formaler an non-formaler Bildung' hiwéilten.

Inhaltlech kënnt an dësem Kapitel villes erëm, wat schonn am **Kapitel 4.1.1** bei de 'Gemeinsamkeete' genannt ginn ass. D'**Kapitel 4.2.1** leet de Fokus op d'Léieren an Ënnerstëtze vum Kand. D'**Kapitel 4.2.3** geet op de Kader (z. B. d'Schoulorganisatioun) an, deen de Participanten no Vernetzunge géif erliichteren. Et gëtt follgende Froen nogaangen:

> Wéi eng Léierméiglechkeeten bitt déi non-formal Bildung fir d'Kand a wou leien d'Vernetzungsméiglechkeeten tëscht formaler an non-formaler Bildung?
>
> Wou sinn d'Limitte vun enger Zesummenaarbecht a wou gesinn d'Participanten souguer gewollten Trennungen tëschent deenen zwee Beräicher?
>
> Wéi ee Kader misst gi sinn, fir dass béid Bildungsberäicher beschtméiglech am Intérêt vum Kand kéinte schaffen?
>
> Wéi eng Roll spille Referenzdokumenter ewéi de non-formale Rahmenplan an de Plan d'études am berufflechen Alldag?

### 4.2.1. Léier- a Vernetzungsméiglechkeeten

D'Participantë goufe gefrot, wéi eng (potentiell) Léier- a Vernetzungsméiglechkeeten si tëschent dem formalen an non-formale Bildungsberäich gesinn. Si goufe weiderhi gefrot, firwat et eng méi intensiv a besser Zesummenaarbecht bräicht. Wéi och an de Kapitele virdrun, goufen déi Aussoen, déi heefeg gefall sinn, faarweg ervirgehuewen.

**Firwat méi vernetzt schaffen?**

- Méi eng grouss Chancegläichheet a Gerechtegkeet fir d'Kanner
- Ganzheetlech Vue op d'Kand

  D'Kollaboratioun géif et férderen, fir beid Säiten vun der Medaille ze gesinn a fir méi positiv Aspekter vun de Kanner ze gesinn.
- D'Kand beschtméiglech férderen, Entfalung vum Kand op alle Niveaue géif ënnerstëtzt ginn → Virbereedung op d'Liewen & d'Aarbechtswelt
- Méi differenzéiert schaffe kënnen
- Inklusioun: Bei Kanner mat spezifesche Besoinen wier eng Kollaboratioun absolut noutwenneg
- Besser a méi intensiv op d'Besoine vum Kand agoen a säi Wuelbefanne férderen

  Bei allgemenge Besoinen an Problemer, awer och Besoine gesondheetlecher Natur, z. B. bei Allergien.

- E roude Fuedem an der Bildung hunn
- Präventioun, z. B. am Hibléck op d'Sécherheet awer och am Hibléck op sozial Ongläichheeten
- Als Léierpersonal all déi néideg Informatiounen hunn an iwwert d'Entwécklung vum Kand Bescheed wëssen
- Méi Transparenz fir jiddereen
- Méi Qualitéit an der Begleedung vun de Kanner a bei der Elterenaarbecht
- D'Elteren hätten ee bessert Gefill, wa vernetzt an op enger Linn geschafft géif ginn
- Besser Kollaboratioun mat den Elteren. Et kann een zesummen op d'Elteren duergoen
- Et géif de Kanner méi Sécherheet a Vertrauen ginn, wann déi selwecht Reegele géife gëllen
- Besser Relatiounen a Réckhalt fir d'Kanner
- Personal Ressourcen austauschen, sech ënnerstëtzen an aushëllefen
- Austausch vun Iddien a Best Pratices, gemeinsam no Léisungen a Strategien sichen, gemeinsam Diskussiounen iwwer Schwieregkeete féieren
- Besser Organisatioun (vu Projeten, vun Iwwergäng, Bescheed kréien, wa Kanner sech ofgemellt hunn, ...)

**Léier- & Vernetzungsméiglechkeeten**

- Handlungsfelder als gemeinsam Ausgangsbasis, dofir wier u sech 'alles' méiglech
- Wuelbefanne vum Kand fir béid Beräicher wichteg
- Gesellschaftsfäegkeet & -integratioun ënnerstëtzen (Oppenen a responsable Bierger ginn, Inklusioun, Virbereedung op d'Liewen an op d'Aarbechtswelt,...)
- Wäertevermëttlung
- Erzéien am wäitesten Sënn (Reegele befollegen, Manéieren,...)
- Gemeinsaamt Notzen a Gestalten vu Gebailechkeeten a Material inkl. gemeinsamer Reegelopstellung fir d'Kanner
- Sprooch, z. B. Lëtzebuergesch als Integratiounssprooch
- Identitéitsentwécklung
- Ënnerstëtzung bei der Entwécklung vu wichtege Kärkompetenzen
- Fachlech Kompetenze goufe genannt, awer méi seele wéi anerer
- Transversal Kompetenzen
- Sozio-emotional Kompetenzen (Kommunikatioun, Sozialisatioun, Funktionnement an Zesummenaarbecht am Grupp, Respekt, Toleranz, Kultur, Empathie, Emotiounen entwéckelen a reguléieren...)
- Inter- & intrapersonal Kompetenzen
- Selbstkompetenzen (Autonomie, Iddien abréngen, Selbstvertrauen, Resilienz ...)

- Konfliktbewältegung
- Problemléisefäegkeet
- Kritesche Geescht entwéckelen
- Zesummenhäng erkenne léieren
- Freed um Entdecken an um Lifelong Learning; léieren, selbststëmmt ze léieren
- Dem Kand seng Interessen & Talenter fannen an dës förderen, Schwächten opfänken
- Kreativitéit
- Musek, Konscht, Theater,...
- Sport (Turnen, Schwammen, Bewegung,...) & generell Kierpererfarungen (Gläichgewiichtssënn,...)
- Fërderung vu Motorik & Psychomotricitéit
- Raimlech Orientéierung fërderen & léieren, mam Bus, Velo an zu Fouss eens ze ginn
- Nohaltegt Denken entwéckelen & d'Natur liewensno kenneléieren

  Beispiller: Bësch botzen; d'Entwécklung vun Äerdbier vum Buedem bis zur Fruucht verfollegen.
- Gesondheetsbewosstsinn fërderen
- (Gesond) Ernährung
- Hygiène
- Ëmgang mat Medien
- Ëmgang mat Technik, mam Computer
- Pedagogesch Ausflich
- Pedagogesch Sortien (Musée,...)
- Kolonie
- Eventer, Fester

  Schoulsportdag, Schoulfest, Chrëschtfest, Chrëschtmaart, Wanterfest, Liichtmëssdag,...
- Schoulvakanzen/Summervakanz

  Hei kéint een net nëmmen zesummen mat de Kanner schaffen, mee sech och ee gemeinsamt Konzept fir dës Zäit ausdenken. Beispill: Maison relais schafft mat de Kanner Panneauen zum Theema 'Mobilitéit' aus a mécht d'Kanner esou prett fir d'Rentrée.
- Iwwergäng/Transitiounsmomenter gemeinsam gestalten (inkl. Déplacement)
- Déplacement beschwätzen: Wéi kommen d'Kanner vun der Schoul an d'Maison relais an ëmgedréint?
- Mobilitéit, z. B. de Bus huelen
- Bei organisatoresche Froen & Sécherheetsfroen
- Den Accueil moies als Vernetzungsméiglechkeet
- D'Mëttesstonn an d'lessen als Vernetzungsméiglechkeet

- De Schoulhaff als potentiell gemeinsam Lokalitéit
- Virbereedung op de Lycée/Iwwergang vum EF an den ES

  E Jugendhaus dockt beim Cycle 4.2 un, kann hei Projeten ubidden a beim Iwwergang EF-ES hëllefen. Generell kënnen non-formal Institutiounen dësen Iwwergang EF-ES ënnerstëtzen.
- Gemeinsam Projetsaarbecht

  Dëst am Plan d'études verankeren. Beispiller: gemeinsam mat Schoulhënn schaffen, intergenerationell Projeten, an Altersheemer goen, ...
- Gemeinsam Atelieren & edukativ Aktivitéiten

  Sprooch-Atelier, Programméier-Atelier, Kreativ-Atelier,...

  'Noju@School' wier ee gutt Beispill, fir d'Strukturen opzebriechen an et wier eng grouss Plus-Value fir d'Kanner.
- Theeme gemeinsam an transversal opgräifen

  Wann den non-formalen Beräich iwwert de Programm Bescheed weess, kann en dat och opgräifen a weider verdéiwen / vernetzen. Beispill: Moies an der Geschicht eppes iwwer Wickinger léieren, Mëttes Wickinger 'spillen' ODER: Moies erstellen se d'Rezept a kachen et da mëttes.

  Generell géifen et Theemen, déi béid Bildungsberäicher betreffen, z. B. Sexualitéit / Opklärung, Recycling, Gesond Ernärung.
- Theeme gemeinsam festleeën ('Theema vum Mount', 'X Theemen iwwert d'Joer', 'Themenräume')
- Konzepter an de Lehrplan gemeinsam erschaffen
- Schaffe mat engem (gemeinsamen) Wocheplang, fir sech de Kanner unzepassen
- Hausaufgabenhëllef

  Hei kéint z. B. een Enseignant oder Dageselteren do bleiwen a mathëllefen. Oder d'Hausaufgabe kéinten schonn an der Klass ugefaange ginn.
- Appui pédagogique
- De Kanner zesumme Feedback ginn / zesummen evaluéieren

  Beispill: Gemeinsame Portfolio

  Als weidert Beispill gouf genannt, zesumme Kanner-Briefings an Kanner-Réuniounen ze organiséieren.
- Gemeinsam Dokumentatioun vun den Aktivitéiten

  Wann d'Maison relais hir Aktivitéiten an dem Kand seng Interessen dokumentéiert, kann dëst bei der Orientatioun hëllefen. Do sollten dem Kand seng Interesse mat a Betruecht geholl ginn.
- Gemeinsam Elterenaarbecht / Bilansgespréicher


  Den Educateur bréngt eng aner Vue op d'Kand mat a ka virun allem bei den transversale Kompetenze matschwätzen. Et muss awer guer net esou formell sinn, och zesumme mat den Elteren am Haff schwätzen asw. wier scho gutt. Dat ass och méi informell; hei gi Relatioune mat den Elteren opgebaut.

  Extra ernimmt goufen d'Dageselteren. Dës wieren aktuell am Bilansgespréich net erwënscht, obwuel si deelweis méi mat de Kanner ze dinn hätte wéi verschidden Elteren.

- Tür-und-Angel-Gespräche tëschent dem Léierpersonal a mat Elteren
- Gemeinsamen Informatiounsdossier vum Kand, wou een drakucken a Saachen draschreiwe kann
- E-Bichelchen als Kommunikatiounstool
- Journal de bord
- Bibliothéik, déi ee gemeinsam notzen a gestalten kéint
- Kommunikatioun mat aneren Acteuren aus dem Bildungsberäich, z. B. I-EBS an ESEB
- Groupes de travail zu verschiddene Sujete méiglech, dat mat formalen an non-formalen Acteuren
  GT sur les devoirs à domicile ; GT sur les valeurs et normes ; GT sur les manifestations, ...

### 4.2.2. Limitten an Trennungen

Wärend den Diskussioune gouf kloer, dass sech béid Bildungsberäicher an Zukunft manner Limitten an Trennungen, mee méi Kollaboratioun a Kommunikatioun wënschen. Trotzdeem hu verschidde Participanten e puer fir si 'natierlech' Limitten an Trennungen genannt, déi och an Zukunft kéinten oder sollten existéieren, fir dass et net zu enger ze grousser oder onsënneger Vermëschung vu béide Bildungsberäicher kéim. Et war ee klore Besoin do, fir net nëmmen d'Gemeinsamkeeten, mee och d'Grenze vu béide Bildungsberäicher méi kloer ze definéieren an dës méi visibel ze maachen.




Et war ville Participanten ee wichtegt Uleies, dass sech déi formal an déi non-formal Bildung zwar méi no beienee solle beweegen, mee déi non-formal Bildung awer weiderhi fräiwëlleg soll bleiwen, mat **fakultativen Offeren** an dass d'Kanner hei och erofkommen, hiren eegenen Interesse kéinten nogoen an hir **Fräizäit** kéinte genéissen an einfach 'Kand' sollte kënne sinn. Och wann d'Educateure bei gemeinsamen Aktivitéiten ee Wuert bei der Evaluatioun kéinte matschwätzen (z. B. hisiichtlech de sozio-emotionale Kompetenzen), wier et wichteg, dass déi non-formal Bildung selwer **ouni (zertifikativ) Evaluatioun** géing bleiwen. Déi berufflech Profiller sollten sech net (onsënneg) vermëschen, mee jidderee seng Expertise hunn, sou dass sech net ersat, mee ergänzt kéint ginn. D'**Missioune** vum Enseignant a vum Educateur wieren net eent zu eent déi selwecht a sollten et och net sinn. Verschidde **Vuen** op d'Kanner wieren eng Plus-Value, well een d'Kanner esou méi ganzheetlech kéint gesinn, an dës Vuë sollten esou wouergeholl ginn. Deemno waren eng Rei vu Participanten dofir, dass d'**Referenzdokumenter** (Plan d'études & Non-formale Rahmenplan) weiderhi getrennt bleiwe sollten, obschonn et sënnvoll wier, Synergien hierzestellen a Parallelen opzeweisen.

Weiderhin hunn d'Participantë betount, dass eng Zesummenaarbecht **'effizient'** misst bleiwen. Net all Detail misst kommunizéiert ginn an et misst och net zu all Moment zesummegeschafft ginn. Intern Froen a Problemer sollten intern geléist ginn, a bei de Museksschoulen a Sportsveräiner sollten d'Elteren den Intermédiaire sinn, deen Informatiounen iwwermëttelt, soudass hei net onbedéngt (vill) Kommunikatioun tëschent dem edukative Personel misst stattfannen. Wichteg wier eng Kollaboratioun a Kommunikatioun op deene Plazen, wou et ëm d'**Wuelbefanne vum Kand** geet. Eng Balance tëschent Vertrauen a Kontroll misst fonnt ginn. Wann d'Vertraue vun de Kanner oder den Elteren um Spill stéing, sollt eng Grenz gezu ginn. De **Secret professionnel** wier wichteg – ee Weidergi vun Informatiounen, zum Beispill wann d'Elteren oder d'Kand sech dem Enseignant oder dem Educateur confidentiell uvertraut hunn, kéint zu engem Vertrauensbroch féieren. Esou sollt d'Kand d'Chance kréien, nees bei null unzefänken, wann et säin Dag schlecht gestart hätt an et sech z. B. scho mat enger Bezugspersoun zerstridden hätt. Eng gewëssen Trennung wier gutt fir d'Kanner an ee raimlechen **Tapéitewiessel** géif Ofwiesslung an d'Gefill vun engem neie Start mat sech bréngen.

Schlussendlech gouf gesot, dass eng Zesummenaarbecht do kee Sënn géing maachen, wou keng Zäit dofir do wier oder d'Equipe net gutt zesummeschaffe géif. Ergänzt gouf dëst allerdéngs duerch d'Ausso, dass een u sech esou professionell misst sinn, fir zum Wuel vum Kand Komprom̈esser kënnen anzegoen.

### 4.2.3. De Kader

De Kader, an deem sech d'Zesummenaarbecht tëschent der formaler an der non-formaler Bildung beweegt, ass an dësem Kapitel breet gefaasst ginn. Et geet ënner anerem ëm d'Schoulorganisatioun, d'Material, d'Outilen an d'Referenzdokumenter. An der Mindmap hei drënner sinn déi allgemeng Theemeberäicher, déi d'Participantë bei hire Wënsch a Virschléi fir d'Zukunft matgedeelt hunn, zesummegefaasst ginn. Op den nächste Säite ginn dës Theemeberäicher da méi genau ënnert d'Lupp geholl an déi konkret Virschléi vun de Participanten ugefouert. Munch vun dësen Iddie sinn Eenzelaussoen, wärend anerer méi oft genannt goufen. Déi Aussoen, déi besonneg oft opkomm sinn, sinn visuell ervirgehuewen.



Am Follgende sinn déi an der Mindmap genannten Theemeberäicher opgeschlësselt ginn an et gouf gekuckt, wéi de Participanten no d'Zesummenaarbecht tëschent dem formalen an non-formale Bildungsberäich an d'generell Aarbechtskonditioune kéinte verbessert ginn. D'Stéchpunkte sinn thematesch sortéiert ginn. Aussoen, déi oft am CoLab gemaach gi sinn, goufen am Rapport visuell ervirgehuewen.

- Nëmmen nach ee Patron an net e puer Patrone fir déi non-formal Bildung
- Keng Trennung vu Ministère a Gemengen als Träger
- Z. B. 'Bildungshaus' mat alle Secteuren, ee gemeinsamen Arbeitgeber
- Ee gemeinsame Ministère fir déi formal & non-formal Bildung[14]
- Gemeinsamen Direkter oder gemeinsam Direktioun fir déi formal & non-formal Bildung
- Ee Schouldirekter bzw. en direkten Uspriechpartner fir d'Klärung vun alldeeglechen Froen a Problemer (net d'Regionaldirektiounen)
- Gemeinsame Coordinateur oder Referenzpersoun fir d'Zesummenaarbecht
- D'Zesummesetzung vun der Commission scolaire: Commune – Parents – École – SEA
- Ee multiprofessionellt Team
- Tandem Enseignant-Educateur an der Klass

  Z. B. Een Educateur e puer feste Klassen zouuerdnen.
- Ressources humaines an de Schoule fir d'Gérance vum Personal

  Qualitéit virun Quantitéit.

  Ressourcen an Talenter vun de Leit visibel maachen: Ween ass gutt wouranner? Z. B. en Educateur, deen eng gewëssen Expertise an de Sciencen oder an der Musék huet, oder een, dee mat de Kanner kéint klamme goen etc.
- Kloer *Job descriptions* vun de Beruffsgruppen: Enseignant, Educateur, Dageselteren,...

  Kloerheet vun der Missioun an de Rollen vu Enseignant an Educateur wichteg: Wee mécht wat? Ween huet wou seng Expertise?
- E gemeinsamen Organigramm
- Pool de remplacement fir den non-formale Secteur resp. gemeinsame Pool de remplacement
- Anciennetéit & Contingent iwwerdenken
- Aarbechtskonditioune verbesseren, virun allem fir déi non-formal Acteuren

  Manner Coupuren, voll Tâchen a manner Wiessel fir d'Educateuren.

  Méi Preparatiounszäit fir d'Educateuren, et wier keng Zäit fir d'Virbereedung.

  Besser Altersverdeelung am non-formale Beräich förderen (erfaren & jonk Educateuren zesummen).

  D'Stonne vun den Enseignanten op eng 30-Stonnen-Woch erhéichen, fir dass si och mol an d'Maison relaisen aushëllefen ginn asw.

14 Déi formal an déi non-formal Bildung fält selbstverständlech ënnert ee gemeinsamen Ministère mam MENJE. Mat dësem Punkt ass gemengt, dass d'Zesummenaarbecht misst optiméiert ginn, déi formal an déi non-formal Bildung also ënnerhalb vum selwechten Ministère méi gemeinsam agéieren an Entscheedungen treffe missten.

- Image an Transparenz vun den Offere vun non-formaler Bildung verbesseren, och vun Acteuren ewéi de Jugendhaiser, ëst suwuel am Hibléck op de formale Bildungbseräich ewéi och am Hibléck op d'Elteren an de Grand public
- Gläich Wäertschätzung vun Educateur an Enseignant
- Gemeinsame Budget oder ee feste Prozentsaz als Budget, op dee béid Säiten Zougrëff hunn
- Méi Personal op béide Säiten, et géif e Personalmangel ginn
- Besser forméiert Personal op béide Säiten[15]
- Gemeinsam Formatiounen, Formatiounen zentraliséieren

  Fir dass sech béid Bildungsberäicher am Allgemengen besser kéinte kenneléieren an awer och fir méi hausintern Formatiounen ze erméiglechen, wou ee sech gemeinsam zu engem bestëmmente Sujet weiderbilde kéint.

- Gemeinsam Plattform(en) mat Iwwerbléck iwwer Demanden, Projeten, Initiativen, Reseauen & Best Practices

  z. B. Science Center, pedagogesch Bauerenhäff

  z. B. Plattform 'Kooperatioun Bildung'

- Gemeinsamen Informatiounskanal a gemeinsamen Accès op dat selwecht schoulescht Material an déi selwecht Apps, Tools, déi deelweis iwwerschafft misste ginn

  E-Mail-Verdeeler, Whatsapp-Gruppen, Social Media, App SIGNAL, DIMMI App (DIMMI App géing hëllefen, wier awer nach ausbaufäeg)

  eduFiles, Outlook, Teams-Gruppen, Säll dierfe reservéieren,... → Awer net ze vill Kanäl an Tools, dat géing d'Personal an d'Elteren verwirren

  D'E-Bichelche wier grondsätzlech positiv, mee bräicht nei a weider Funktiounen, z. B. fir den C1, oder et misst eng Rubrik fir d'Evaluatioun kréien, wou de non-formalen Beräich opschreiwen kéint, wann d'Kand grad ee Fortschrëtt gemaach huet. Och d'Pabeier-Bichelchen hätt nach seng Virdeeler.[16]

  Et gouf deelweis de Besoin geäussert, dass och déi non-formal Acteuren Zougrëff op schoulesch Materialien kréichen.

- Jidderee misst all déi néideg Informatioune kréien a méi iwwert deen anere Secteur Bescheed wëssen

  Z. B. iwwer gemeinsam Whatsapp-Gruppen, Mailen a Concertatiounen → Kommunikatioun op vertikaler an horizontaler Ebene, och digital Vernetzung.

  Wichteg ass eng Vernetzung vum gesamte System: Esou mussen zum Beispill och d'Dageselteren mat beduecht ginn oder d'I-EBS an d'ESEB als wichteg Uspriechpartner.

---

15 Extra ernimmt gouf de Fall vun de Centres de compétences. Hei wier et fir d'Educateuren (vun der Maison relais) ee Stéck méi erausfuerdernd, ze kollaboréieren an ze ënnerstëtzen, esou dass et ënnert anerem Formatiounen, weider Ënnerstëtzungen an eng méi harmoniséiert Zesummenaarbecht heifir bräicht.

16 Ee Grupp huet d'E-Bichelchen an och d'Hausaufgaben an der Maison relais kritesch gesinn, dat géing hirer Meenung no géint de Prinzip vun der non-formaler Bildung goen, déi ouni Leeschtungsdrock an och en Deel Fräizäit vun de Kanner sollt sinn.

- Klärung iwwert den Dateschutz & de Secret professionnel: Wat dierf een deelen a wat net?
- Generell méi Bedeelegung vun der non-formaler Bildung a méi Vernetzungen

  Commission d'inclusion, Comité d'école, Commission scolaire, Comité (élargi) → Formal an non-formal kann zesummen am Comité sinn, ee Responsabele vum SEA dobäi Verbindung zu de Programmkommissiounen, wann dëst gewollt ass.

  Cycleversammlungen, Trimesterréuniounen, Klasserot, Deel si vun der multiprofessionneller Equipe, Austausch mam Coordinateur de cycle, Plénière, Invitatioun a Versammlungen a Concertatiounen, gemeinsam Réunioune plangen.

  Gemeinsam Team-Deeg / Teambuilding wier wichteg.
- Sech ee Bureau deelen als Comité
- Déi selwecht (Basis-)Ausstattung vun de Gebaier
- Gemeinsam Notzung vun de Säll a vum Material an d'Reegelen dofir gemeinsam ausschaffen
- Non-formale Bildungsberäich sollt Zougrëff op schoulesch Materialie kréien
- Méi gemeinsam a méi no Gebaier an Infrastrukturen (bannen a baussen)

  Ee gemeinsame Campus.

  Gemeinsame Schoulgaart, Weier, Beienhaus,...

  Eng gemeinsam Schwemm, Turnhal, Réckzugsraum oder Bibliothéik.
- Méi (grouss) Gebaier, fir dem Populatiounszoufloss an der Nofro gerecht ze ginn
- Méi kleng Strukturen, fir besser op all Kand kënnen anzegoen an d'Kollaboratioun méi einfach ze maachen, keng 'Fabrik'
- Gemeinsam un engem neie Gebai schaffen
- Sech als Schoul kënnen ee Profil ginn, z. B. de Schwéierpunkt op d'Natur setzen
- Ganzdagsschoul[17]
- Méi Plagen, wou all d'Kanner mussen do sinn, soss misst d'Schoul ze vill (aleng) stemmen

  Et kéint ënnerscheet ginn tëschent obligatoresche Plagen, wou d'Kanner wierklech all mussen do sinn, a fakultative Plagen, fir dass et net nach méi Schoul resp. Fort-si vun doheem ass.
- Eng gemeinsam 'Sprooch' schwätzen / gemeinsame Vokabulaire a Verständnis dovunner
- Eng gemeinsam Visioun / Bild vum Kand opstellen oder visibel maachen
- Gemeinsame Kader ausschaffen & Schnëttstellen am Kader méi visibel maachen

  De Plan d'études bräicht een iwwergeuerdneten Kader, eng 'Rumm', ähnlech zur pedagogescher Orientéierung am **non-formalen Rahmenplan**.

17 Dës Propos gëtt ambivalent gesinn. Déi eng sinn éischter dofir, déi aner éischter dogéint.

- Referenzdokumenter gemeinsam erschaffen, iwwerschaffen an eventuell fusionéieren

  Z. B. ee gemeinsamt Dokument, zesummegesat aus PEP a PDS.

  De Plan d'études iwwerschaffen: Entschlacken, manner Inhalt, manner Grammaire, Prioritéit op enger Sprooch, Prozess méi wichteg ewéi d'Resultater, PE muss méi flexibel sinn, PE muss méi kohärent a logesch sinn.

  Lokal oder fir déi spezifesch Acteuren kéint Spillraum gelooss ginn, mee gemeinsame Kader.

- De PDS sollt gemeinsam ausgeschafft ginn an e wichtege *Lieu d'échange* duerstellen
- De PEP sollt fir eng méi kloer Linn just ee Szenario ubidden a kéint generell iwwerschafft ginn
- De Plan d'études kéint op den non-formale Rahmenplan verweisen a Verlinkungen hierstellen
- De Plan d'études kéint eng Annexe mat konkrete Beispiller hunn, wéi de formalen an non-formale Secteur kéinten zesummenschaffen
- Méi Elementer an Aktivitéiten am Plan d'études verankeren & Wäert leeën op pedagogesch sënnvoll Aktivéiten

  Z. B. gemeinsam Sorties scolaires / pédagogiques. Dëst hätt een Afloss op d'Finanzéierung vun esou Aktivitéiten.

  De Moment kënnen d'Gemenge verschidden Aktivitéiten aussichen. Dës wieren awer net ëmmer pedagogesch sënnvoll.

- (Méi) flexibele Stonneplang, fir Synergien ze schafen a Méiglechkeete fir d'Zesummenaarbecht ze ginn
- Eng méi transversal Approche a méi projets- & theemenorientéiert Schaffen wier förderlech fir méi Zesummenaarbecht
- Gemeinsam Konzepterstellung
- Gemeinsam Reegelen
- Passerellen organiséieren, Schnëttstellen an Iwwergäng besser organiséieren a visibel maachen

  Als een Ënnerpunkt ass opkomm, dass d'Hausaufgabenhëllef de Moment eng gro Zone wier a jiddereen dat e bëssen anescht géif handhaben.

- Ënnerstëtzung bei Orientatioun an Iwwergang EF-ES

  Wann d'Maison relais hir Aktivitéiten an dem Kand seng Interessen dokumentéiert, kann dëst bei der Orientatioun hëllefen. Do sollten dem Kand seng Interesse mat a Betruecht gezu ginn.

  De Cycle 4.2 kéint méi mat Jugendhaiser zesummeschaffen, fir den Iwwergang an de Lycée méi liicht ze gestalten.

- Iwwergang EF-ES och fir de non-formale Beräich verbesseren

  De Cycle 4.2 kéint méi mat de Jugendhaiser zesummeschaffen, fir de Kanner d'Uknäppungsméiglechkeet un dës non-formal Offer fir hir Zäit am Lycée ze weisen. Eng Maison relais wäert et dann jo net méi ginn.

- Keng fix Hausaufgabestonn méi fir d'Dageselteren, well d'Kanner jee no Dag och nach aner Aktivitéiten hunn.
- Gemeinsam Plagen: Gemeinsam Horairen oder (méi) gemeinsam Schnëttstellen an den Horairen

  Z. B. duerch PEP-Stonnen.
- X Stonnen am Trimester fixéiere fir d'Kooperatioun a Kommunikatioun
- Partenariat obligatoire: Kollaboratioun am (legale) Kader verankeren[18]
- Méi Interventiounen an Ënnerstëtzung vu béide Säiten an dem jeeweils anere senge Creneauen, dat am Personalschlëssel festhalen

  Zum Beispill fir d'Hausaufgabenhëllef. Hei kënnen net nëmmen den Enseignant hëllefen, mee och d'Dageselteren, déi oft vergiess géife ginn. De Moment dierften d'Educateuren jo och net hëllefen, mee just eng 'Surveillance' maachen.
- Hospitatiounen oder Stagen bei deem aneren

  Dofir evtl. Plagen am Plan d'études virgesinn oder Schnupperdeeg fix an der Formation initiale a continue verankeren.[19]
- Visite en classe maachen
- Institutionaliséierten Dagesprogramm als ee Puzzelstéck fir ee bessere Kontakt tëscht SEA an EF
- Suivi a Kontroll fir Ëmsetzung fir de formalen an den non-formale Beräich (Qualitéitssécherung / Qualitéitszirkel)

  Fir den EF gëtt et aktuell schonn de Monitoring duerch d'Regionaldirektiounen a beim SEA d'agents régionaux.
- Elteren nees méi an d'Verantwortung zéien, si sinn ee wichtegt Bindeglied an Intermédiare, z. B. bei de Museksschoulen a Sportsveräiner
- Weider Froe bleiwen de Participanten no ze klären: Wat musse béid Bildungsberäicher bidde virum Hannergrond, dass aus ënnerschiddleche Grënn dat 'klassescht' Familljebild oft net méi gräift? Wat mussen d'Kanner an der haiteger komplexer Welt kënnen? Wéi ee Poids huet d'Wëssensvermëttlung, wéi een d'Kompetenzvermëttlung, den Know-how? Wéi eng Kompetenze sinn essentiell?

---

18 Méi Formaliséierung gëtt vu munche Participantë kritesch gesinn, mee vu ville gëtt et awer als néideg ugesinn, fir dass kollaboréiert gëtt. De Moment wier et persounen- an trägerofhängeg, an dat wier net gutt.

19 D'Participanten haten d'Wahrnehmung, dass am EF de Suivi an domadder d'Qualitéitssecherung manner präsent wier ewéi am non-formalen Beräich. Verschiddener hu sech dofir ausgeschwat, dass och am EF d'Qualitéit méi suivéiert sollt ginn.

## 4.3. Fazit

Dëse CoLab-Workshop mam Titel 'D'Brécken tëschent der formaler an non-formaler Bildung' huet Personal aus dem formalen an aus dem non-formale Bildungsberäich zesummebruecht. Obschonn de Workshop am Kader vum 'Projet Plan d'études' gehale ginn ass, ass déi thematesch Diskussioun méi breet opgemaach ginn a verschiddenst Aspekter goufe beliicht a sinn an den Diskussiounen ervirgetrueden. Vu ville Participantë gouf dëse Workshop als een ze seltenen Austauschmoment an domadder als wäertvoll Renconter tëschent deenen zwee Bildungsberäicher wouergeholl.

Aus den Diskussiounen ass kloer ervirgaangen, dass béid Bildungsberäicher sech fir d'Zukunft méi Kommunikatioun a Kollaboratioun op allen Ebene géife wënschen. Iwwert méi eng grouss Vernetzung a Verbindung gouf sou a villerlee Hisiicht diskutéiert: Kader, Direktiounen, Horairen, Reegelungen, Finanzéierung, Infrastrukturen, Materialien, Referenzdokumenter, Konzepter, Vue op d'Kand, Ziler, Theemen, Informatiounen, Formatiounen a weiderer. Op iwwergeuerdneter Ebene an am direkte Kontakt mam Kand géifen et net wierklech Grenze bei der Kollaboratioun a Kommunikatioun ginn, esoulaang béid Säite bereet wieren, zesummenzeschaffen a (besser) Plattformen a Konditiounen dofir geschaf géinge ginn. De Plan d'études, den non-formale Rahmenplan, de PDS an den PEP kéinten hei allerdéngs nëmme bedéngt virunhëllefen, mee wieren awer trotzdem Outilen, déi iwwerschafft a besser matenee vernetzt sollte ginn.

Aus der Diskussioun ass ervirgaangen, dass sech béid Bildungsberäicher hirer Meenung no a bal allen Aspekter ënnerstëtze kéinten a ganz vill (potentiell) Gemeinsamkeeten hätten, op déi een opbaue kéint. Dës Diskussioun huet gréisstendeels rondrëm d'Maison-relaise gedréint, mee och aner Akteuren aus der non-formaler Bildung, wéi d'Dageselteren, d'Jugendhaiser an d'Crèchen, hu sech fir méi Abannung a méi Kommunikatioun ausgeschwat. Fir aner non-formal Beräicher ewéi Museksschoulen oder Sportsveräiner gouf eng vill manner grouss Necessitéit fir Kommunikatioun a Kollaboratioun gesinn. Fir d'Vernetzung tëschent der Schoul an der Maison relais ze erméiglechen, goufen ënnert anerem gemeinsam Aktivitéiten a Projeten, esouwéi d'theemenorientéiert Schaffe ganz oft genannt. Et wier awer ganz wichteg, dass d'Maison relais net 'formal' géif ginn. Dës Offer misst fakultativ bleiwen, d'Kanner sollten hei prinzipiell ouni Leeschtungsdrock hiren Interesse kënnen nogoen a spillen dierfen, a virun allem an der haiteger Welt och d'Recht hunn, mol näischt ze maachen.

Niewent dësem ganz grousse Besoin, fir méi gemeinsam kënnen ze schaffen, hu sech munnech Participanten dofir ausgeschwat, och d'Grenzen an d'Trennunge vu béide Bildungsberäicher a vun de Rolle vum jeeweilegen Léierpersonal méi kloer ze definéieren a méi visibel ze maachen. All Beräich an all Beruffsgrupp – dorënner d'Dageselteren, d'Crèchen, d'Jugendhaiser an anerer – hätt seng Expertise, déi valoriséiert sollt ginn. Méi Wäertschätzung, Respekt an Transparenz tëschent de Beruffsgruppen an de Beräicher wiere ganz wichteg Schlësselelementer. Et kéint ee sech net ersetzen, mee villfach awer gutt ergänzen an aushëllefen, een Dialog op Aenhéicht, an d'Deele vun

Informatiounen a Ressource misst onbedéngt gefërdert ginn. Zesumme kéint een no Léisunge sichen, Iddien an Approchen deelen, an dat Wichtegst: gemeinsam d'Kand beschtméiglech a ganzheetlech ënnerstëtzen.

Ee grousse Fazit vun dësem CoLab-Workshop ass deemo, dass de Fong vun de Suergen an Diskussiounspunkten bei de Participanten aus béide Bildungsberäicher ronderëm déi selwecht Fro kurséiert huet: "Wéi kënne mir zum Wuel vum Kand besser Hand an Hand zesummeschaffen?"

# 5. Réckbléck, Ausbléck a Kontakt

## Réckbléck

Säit Februar 2022 hu **6 grouss CoLab-Workshops** mam Bildungsberäich stattfonnt, dëst zu den Theemen:

1) Visioun (Februar 2022)
2) Méisproochegkeet (Mäerz 2022)
3) Iwwergäng (Abrëll 2022)
4) Evaluatioun (Oktober 2022)
5) Transversalitéit (November 2022)
6) Formal an non-formal Bildung (Januar 2023)

Am Kader vun der grousser Konsulatiounsphas vum 'Projet Plan d'études 2025' goufen eng Rei weider Workshops, e.a. mam **CSEN**, den **Elterevertrieder** a **Kanner aus dem Fondamental**, gehalen. Doniewent hunn an de Schouljoren 2021-2022 an 2022-2023 eng Rei Entrevue mat weideren Acteuren stattfonnt. Dozou zielen déi 7 Programmkommissiounen aus dem Fondamental, de Collège des directeurs vum Fondamental a vun de Centres de compétences, Acteure vum IFEN (I-DS, I-CN etc.) a vun der Uni Lëtzebuerg a **vill weiderer**.

## Ausbléck

Am Mäerz 2023 ass déi grouss Konsultatiounsphas mam Terrain op en Enn komm. Insgesamt **9 CoLab-Rapporten** sinn um Internetsite vun der Curriculumsdivisioun publizéiert ginn. Dës Rapporte sinn d'schrëftlech Zesummefaassunge vun dem Gesotenen an de 6 grousse CoLabs mam Bildungsberäich, béide CoLabs mam CSEN, dem Elteren-CoLab an de Kanneratelieren. Si beweege sech op enger méiglechst deskriptiver Analyseebene.

No der Konsultatiounsphas huet eng nei Phas vum 'Projet Plan d'études 2025' gestart. Et ass déi eigentlech Analysephas hin zu engem Konzept fir en neie Plan d'études. D'Aussoen, déi am Laf vun der Konsultatiounsphas zesummekomm sinn, ginn an den nächste Méint an der Déift analyséiert (Triangulatioun duerch eng Mixed-Methods-Approach: Diskursanalys, Inhaltsanalys, Natural Language Processing): Wou ass Konsens? Wou ass de roude Fuedem?

Dës Synthees gëtt ergänzt duerch eng verdéifte wëssenschaftlech Recherche an duerch Recherche am Hibléck op den (inter)nationale Bildungsdiscours an d'international Entwécklungen am Curriculum development, duerch d'Analys vum bestoende gesetzleche Kader an duerch all d'Recommandatiounen, déi Experten a Stakeholder der Divisioun bis ewell zum Projet an a Re-latioun mam Plan d'études mat op de Wee ginn hunn. Aus béiden Analyseebenen (Synthees a Recherche) entsteet viraussiichtlech fir d'Rentrée 2023/24 en éischte Whitepaper fir eng Visioun vun engem neie Plan d'études 2025.

Wien u weideren Informatiounen iwwer de Projet interesséiert ass, fënnt dës ënner **https://curriculum.lu/PE_index**.

### Kontakt

Dir hutt Froen oder Ureegungen zum Projet 'Plan d'études 2025' a wëllt mat eis a Kontakt trieden? Da kontaktéiert eis via d'E-Mail-Adress **curriculum@script.lu**.

Op eisem Internetsite **www.curriculum.lu** fannt Dir Informatiounen iwwer de Projet 'Plan d'études 2025'.

## Merci!

Ee grousse Merci un den **Service de l'éducation et de l'accueil (SEA)** an un den **Service national de la jeunesse (SNJ)** fir hir Ënnerstëtzung am Kader vun dësem CoLab-Workshop!

Villmools Merci soe mir och all de Participanten an allen interesséierten Acteuren, déi eis bis elo kontaktéiert an um Projet deelgeholl hunn. Et war eis eng grouss Freed, an all deene verschiddene CoLab-Workshops mat lech an den Austausch ze kommen a mir sinn houfreg dorobber, dëse Wee weiderhi mat lech ze goen!

Mat beschte Gréiss

D'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT

Curriculum
Division SCRIPT

www.curriculum.lu

www.script.lu